# LOUSCHLËSSEL

Gemeng **Feelen**



## Feelen - eis Gemeng!
## Feulen - notre commune !

1 / 2024

# Inhaltsverzeechnis/Sommaire


Virwuert/Préface 4

## D'Feelener Gemeng/ La commune de Feulen

D'Gemeng stellt sech vir/ La commune se présente 6
Déi berodend Kommissiounen/ Les commissions consultatives 10
Feelen gëschter an haut/ Feulen hier et aujourd'hui 14
Op Entdeckungsrees zu Feelen/ À la découverte de Feulen 18
Aweiung vun de Gemengegefierer/ Inauguration des véhicules communaux 20
*Green Events* 21
Joresofschlossfeier/ Fête de fin d'année 22
Gedenkfeier/ Commémoration 26
*Repair Café@Hennesbau* 28
En onvergiesslechen Dag/ Une journée à mémoriser 30

## D'Feelener Leit/ Les gens de Feulen

*Sponsored run* 31
Schoulfest/ Fête de l'école 32
Maison relais an der Natur/ Maison relais et nature 33
Liesowend am *Kuebebongert*/ Soirée de lecture au *Kuebebongert* 34
De Kleesche kënnt op de Chrëschtmaart/ Saint Nicolas au Marché de Noël 35
Liichtmëssdag zu Uewerfeelen/ Fête de la Chandeleur à Oberfeulen 38
En neien Internet-Site fir d'Schoul/ Un nouveau site internet pour l'école 39
Schoulklassen 2023-2024/ Classes d'école en 2023-2024 40

## Feelener Veräiner/ Les associations de Feulen

Entente Feelen-Gréiwels-Heischent/ Entente Feulen-Grevels-Heiderscheid 46
*D'Feelener Uergelfrënn*/ Les amis de l'orgue 48
*Feelener Fëscherkollegen* 1992/ L'amicale des pêcheurs 1992 de Feulen 52
Déi *Jonk vu gëschter* vu Feelen/ Les *Jonk vu gëschter* de Feulen 54
Den *Dammekeeleclub vu Feelen*/ Le club de quilles *Dammekeeleclub* de Feulen 57
D'Feelener Musek 2023 an 2024/ La fanfare de Feulen 2023 et 2024 58
D'*Nidderfeelener Jongen* 2023/ Les *Nidderfeelener Jongen* 2023 63
Déi Feelener Veräiner stelle sech vir/ Les associations de Feulen se présentent 64

## Feelener Fester a Manifestatiounen/ Fêtes et manifestations à Feulen

Noperschaftsfest *Op Hoperricht*/ Fête des voisins *Op Hoperricht* 70
*Bike4all* 71
D'Feelener Leit an hir Hobbyen/ Les habitants de Feulen et leurs loisirs 72
Journée du Grand Âge 78
Chrëschtconcert 2023/ Concert de Noël 2023 79
Wanterwanderung/ Randonnée hivernale 81
Buergbrennen/ Fête des brandons 84
Grouss Botz/ Nettoyage de printemps 85
Relais pour la vie 86

## De Louschlësselchen 88

## Feelener Allerlee/ De ci et de ça

*Flower Power* by Vanessa 94
De "Wëlldéier Drop-off"/ Le « Drop-off » pour animaux sauvages 96
Kulturrees bei d'Friesen/ Voyage culturel chez les Frisons 98
Stëftung *Hëllef Doheem*/ La fondation *Hëllef Doheem* 104
Scheckiwwerreechung fir *SOS Kannerduerf*/ Remise de chèque à *SOS Kannerduerf* 105
Mir gratuléieren/ Nos félicitations 106
*Fairtrade* 107
*MyFeulen* 108

## Impressum 111

# De Louschlëssel ass nees do!

Léif Lieserinnen a Lieser,

De *Louschlëssel* ass nees do! No enger Paus vun engem Joer si mir houfreg, Iech déi 26. Editioun vun der Feelener Gemengenzeitung ze presentéieren mat deem, wat zu Feelen tëschent Juni 2023 a Mee 2024 lass war.
Mir, dat ass déi nei Redaktiounsekipp, déi sech no de Gemengewale vun 2023 fonnt huet: d'Laurence, d'Véronique, de Pascal, d'Tessy, de Ron, d'Sabrina, d'Vanessa an d'Flore. Et ass en dynamesche Mix aus alen an neie Memberen. An dëse Mix fënnt sech och op de Säite vum *Louschlëssel* erëm.
Eng nei Ekipp bréngt nei Iddie mat. Dat erkläert och, firwat dëse *Louschlëssel* e bëssen op sech waarde gelooss huet. Nei Iddie mussen a Wierder an a Biller gepaakt ginn. An dat brauch Zäit. Trotz den neien Iddie bleift de *Louschlëssel* dat, wat e bis elo war: Eng faarweg Publikatioun, déi op eng uspriechend a flott Manéier d'Liewen zu Feelen a vun de Feelener Leit weist.

De *Louschlëssel* wäert weiderhi fënnef Deeler hunn:

- D'Feelener Gemeng;
- D'Feelener Leit;
- D'Feelener Veräiner;
- Feelener Fester an Evenementer;
- Feelener Allerlee.

**Wat ass nei?**

- De *Louschlëssel* gesäit anescht aus. Dat ass an éischter Linn dem Knowhow vum Pascal ze verdanken. Hie kann zimmlech all Iddi op eng flott kreativ Manéier ëmsetzen.
- De *Louschlëssel* wëllt méiglechst vill Lieser a Lieserinnen uschwätzen. Dofir sinn d'Artikelen alleguer an zwou Sprooche geschriwwen (op lëtzebuergesch/däitsch an op franséisch).
- De *Louschlëssel* ass eng Zeitung vun de Feelener Leit fir d'Feelener Leit. Ouni déi séllege Fotoen an Artikele vun de Veräiner wier de *Louschlëssel* net dat, wat en ass. Dofir wëlle mir op dëser Plaz all deene Merci soen, déi matgemaach hunn! Mir wéilten awer nach e Schratt méi wäit goen a jiddwereen, dee wëllt, mat abannen. Op deenen nächste Säite gesitt Dir, wéi dat geet.

**Et gëtt och e puer nei Rubriken am *Louschlëssel.***

- D'Rubrik "**D'Gemeng stellt sech vir**": Hei léiert Dir déi verschidde Mataarbechter a Mataarbechterinne kennen, déi op der Gemeng schaffen an d'Riedercher Dag fir Dag um Lafen halen.
- D'Rubrik "**Feelen gëschter an haut**" geet an der Zäit zeréck, fir ze kucken, wéi d'Liewe fréier zu Feelen war. Dës Rubrik ass net ganz nei. Si huet eis awer esou gutt gefall, dat mir si zu engem feste Bestanddeel vum *Louschlëssel* gemaach hunn.



- D'Rubrik "**Op Entdeckungsrees an der Gemeng**": Si ass fir all déi vun Iech geduecht, déi Loscht drop hunn, fir Feelen a seng Ëmgéigend zu Fouss z'entdecken.
- Rubrik "**Déi Feelener Veräiner stelle sech vir**": Feelen huet e liewegt an dynamescht Veräinsliewen. Grond genuch, fir déi verschidde Veräiner e bësse besser kennenzeléieren: Wie si sinn, wat si maachen a firwat et sech lount, fir bei hinne Member ze ginn.
- „**MyFeulen**“: Jiddwere vun eis erlieft Feelen op seng Manéier. Zesumme gëtt dat e faarwege Puzzle. Maacht mat a schéckt eis Är Puzzlestécker, z.B. ënnert Form vu Fotoen, eran.
- De „**Louschlësselchen**“, den Eck fir d'Kanner an déi Jonk, geet an déi nächst Ronn. Hei gëtt et net nëmmen Artikele fir Kanner a Jonker. Et gëtt och Artikelen, déi vu Kanner a Jonke geschriwwe sinn.
- An der Rubrik "**Flower Power by Vanessa**" deelt d'Fachfra vun der Gemeng hiert Kënnen a Wëssen iwwert Blummen a Planzen mat Iech.
- Niewent dem *Louschlëssel* wäert et an Zukunft och erëm e ***Gemengebuet*** ginn, deen ënnert anerem iwwert dat informéiert, wat an den ëffentleche Sitzunge vum Gemengerot beschwat an decidéiert gëtt.

De Schutz an de Respekt vu perséinlechen Donnéeë spille beim *Louschlëssel*, wéi bei all anerer ëffentlecher Publikatioun och, eng wichteg Roll. Deementspriechend sinn déi verschidden Artikele geschriwwen an opgebaut.

Elo bleift mir nach just, fir Iech am Numm vun der Redaktiounskommissioun vum *Louschlëssel* vill Spaass beim Bliederen, Kucken a Liesen ze wënschen.

Flore Schank

# Le Louschlëssel est de retour !

Chers lecteurs, chères lectrices,

Le *Louschlëssel* est de retour ! Nous sommes fiers de vous présenter la 26e édition du journal communal qui jette un regard sur la vie à Feulen entre juin 2023 et mai 2024. Nous, c'est la nouvelle équipe de rédaction qui s'est formée après les élections communales de 2023 : Laurence, Véronique, Pascal, Tessy, Ron, Sabrina, Vanessa et Flore. Un mélange dynamique d'anciens et de nouveaux membres qui a également influencé la conception du magazine.
Une nouvelle équipe, c'est le plein d'idées nouvelles à mettre en mots et en images ! Ce qui explique pourquoi la conception du journal a pris du temps. Cependant, malgré les nouveautés, le magazine reste ce qu'il était jusqu'à présent : Une publication multicolore qui montre de façon attrayante la vie à Feulen.

Le *Louschlëssel* est composé de cinq parties :

- La commune de Feulen ;
- Les gens de Feulen ;
- Les associations de Feulen ;
- Les événements et manifestations à Feulen ;
- De ci et de ça.

**Qu'est-ce qu'il y a de nouveau ?**

- La mise en page a changé et ce grâce au savoir-faire de Pascal.
- Afin de pouvoir atteindre un plus grand nombre de lecteurs et de lectrices, les articles du *Louschlëssel* sont désormais tous bilingues (luxembourgeois/allemand et français).
- Le *Louschlëssel* est un journal fait par des gens de Feulen pour des gens de Feulen. Sans les apports des associations, le journal ne serait pas ce qu'il est aujourd'hui. Un grand merci à tous ceux qui le rendent possible. Nous souhaitons avancer un pas de plus en invitant les habitants et habitantes de Feulen à nous envoyer leurs idées, photos, questions, etc.

**Il y a aussi de nouvelles rubriques à annoncer:**

- « **La commune se présente** » : Cette rubrique permet de faire la connaissance des collaborateurs et collaboratrices qui travaillent à la commune et qui font tourner les rouages au quotidien.
- La rubrique « **Feulen hier et aujourd'hui** » remonte dans le temps pour voir comment était la vie d'antan à Feulen. Cette rubrique n'est pas entièrement nouvelle. Mais elle nous a plu à tel point que nous en avons fait une partie intégrante du *Louschlëssel*.



- « **À la découverte de Feulen** » : C'est la rubrique destinée à ceux et celles qui souhaitent découvrir Feulen et ses environs à pied ou à vélo.
- La rubrique « **Les associations de Feulen se présentent** » : Feulen se caractérise par une vie associative vivante et dynamique. Une raison de plus pour mieux connaître les associations : Qui sont-elles ? Que font-elles ? Pourquoi vaut-il la peine de devenir membre ?
- « **MyFeulen** » : Chacun vit Feulen à sa façon. Il en résulte un puzzle multicolore, composé de nombreuses petites pièces. N'hésitez pas à nous envoyer vos pièces de puzzle, p. ex. sous forme de photos.
- Le « **Louschlësselchen** », la partie réservée aux enfants et jeunes, passe à l'étape suivante. On y trouve non seulement des articles pour jeunes, mais de même des articles écrits par des jeunes.
- Dans la rubrique « **Flower Power by Vanessa** », l'experte de la commune partage son savoir-faire en matière de fleurs et de plantes.
- Le journal communal, le ***Gemengebuet*** qui informe entre autres sur les séances publiques du conseil communal, sera réédité.

Comme pour toute publication, la protection et le respect des données personnelles sont au premier plan lors de la conception du *Louschlëssel*.

Il ne me reste qu'à vous souhaiter, au nom de l'équipe de rédaction, beaucoup de plaisir à feuilleter, à fouiller et à lire.

Flore Schank

# D'Gemeng stellt sech vir!

**„Ech ginn nach bis op d'Gemeng!"**

Dat ass e Saz, dee jiddweree vun eis reegelméisseg gebraucht. An dat aus guddem Grond: D'Gemeng an hir verschidde Servicer suergen dofir, datt d'Liewen zu Uewer- an Nidderfeelen ronn leeft an datt d'Mënschen dat hunn an dat kréien, wat se brauchen, fir hei kënnen ze liewen.

Grond genuch, fir déi verschidde Käpp an Hänn, déi d'Riedercher hannendrunn um Lafen halen, virzestellen.

Den Ufank maachen den Eric, de Cédric an d'Noemie, déi säit Ufank Mee op der Gemeng schaffen.

## Eric Krier




**Wie bass du?**

Gudde Moien alleguerten! Ech sinn den Eric, 30 Joer jonk, hunn zu Bréissel an zu Nanzeg studéiert a si säit dem 1. Mee deen neie Gemengesekretär. Meng berufflech Karriär hunn ech bei *Losch Lëtzebuerg* ugefaang, sinn dono bei d'*Ville de Luxembourg* gewiesselt a lo hei op Feelen komm. A menger Fräizäit fueren ech onheemlech gäre Motorrad an interesséiere mech generell fir alles, wat e Motor a mindestens zwee Pneuen huet. Donieft ënnerhuelen ech gäre Saache mat Kolleegen a Kolleeginnen, reese gären, maache gäre Sport oder verbréngen einfach ze vill Zäit um Computer ...

**Wat ass deng Aarbecht op der Gemeng?**

Als Sekretär sinn ech dem *Secrétariat communal* ugebonnen, a fungéieren haaptsächlech als déi riets Hand vum Buergermeeschter, dem Schäffen- an dem Gemengerot. Ech këmmere mech ëm d'Organisatioun vun de Seancë vum Schäffen- a vum Gemengerot. Ech maachen z.B. mam *Service technique* zesummen d'Koordinatioun vun den Dossieren, iwwert déi de Schäffen- bzw. de Gemengerot ofstëmme soll, an ech dokumentéieren, wat bezüglech dem jeeweilegen Dossier beschwat an decidéiert gouf. Ech maachen duerno de Suivi vun deem Ganzen.
Da këmmeren ech mech och ëm d'Post, déi all Dag op der Gemeng ukënnt, ech leede se un déi richteg Persoune weider an äntweren op d'Mailen. Des Weidere schreiwen ech déi verschidde Verträg, Konventiounen oder Akten, déi d'Gemeng mat externe Firmen oder private Persounen huet. Ech këmmere mech ëm d'Ausschaffe vun neien oder d'Aktualiséiere vu besteeënde Gemengereglementer. Zu gudder Lescht setzen ech eemol am Joer zesumme mam Schäfferot de Budget op. All déi Saache maachen ech awer natierlech ni eleng, ech schaffen ëmmer enk mam Schäfferot, dem Gemengerot an den anere Servicer vun der Gemeng Feelen zesummen.

**Firwat hues du dir déi Feelener Gemeng als Aarbechtsplaz erausgesicht?**

Engersäits wéinst der Ofwiesslung; virdru war ech bei der VdL [*Ville de Luxembourg*], wou een zwar seng Aarbecht ganz genee kennt, an an deem, wat ee mécht, héich spezialiséiert ass, mee et mécht een eeben och all Dag an all Woch dat selwecht. Do ass et da flott, op eng méi kleng Gemeng ze kommen, wou all Dag och e bëssen eng Erausfuerderung bitt an een ëmmer rëm Saachen huet, an déi een sech raschaffe muss, wou een dann awer ëmmer een Erfollegserliefnis huet, wann ee se gemeeschtert huet.
Anerersäits ass et natierlech och d'Proximitéit. An enger Aarbechtswelt, wou ëmmer mei op d'"Work-Life" Balance gekuckt gëtt, ass et flott, wann een net muss all Dag annerhallef Stonn am Auto verbréngen, mee een an 10 Minutte kann doheem sinn.

**Zu gudder Lescht ...**

Ech si glécklech, hei ze sinn, a freeë mech drop, Feelen an seng Bewunner kennen ze léieren. Ech hoffen, datt ech zu der Zefriddenheet vun de Feelener Leit, der Entwécklung an dem Duerfliewen zu Feelen positiv ka bäidroen.

# La commune se présente!

**« Je vais passer à la commune ».**

C'est une phrase que chacun d'entre nous utilise régulièrement. Et pour cause : L'administration communale dresse le cadre au bon fonctionnement d'Ober- et Niederfeulen et veille à ce que les habitants et habitantes aient tout ce dont ils et elles ont besoin pour y vivre.

Une raison de plus pour présenter les différentes mains et têtes qui font tourner les rouages. Commençons par Eric, Cédric et Noemie qui travaillent pour l'administration communale depuis début mai.

***Nei Nouveau***

## Eric Krier

**Qui es-tu ?**

Bonjour ! Je suis Eric, j'ai 30 ans, j'ai étudié à Bruxelles et à Nancy et j'assume, depuis le 1er mai, la fonction de secrétaire communal. J'ai commencé ma carrière professionnelle chez *Losch Luxembourg*, j'ai enchaîné avec un poste auprès de la Ville de Luxembourg avant d'arriver à Feulen. Pendant mon temps libre, j'aime énormément faire de la moto et je m'intéresse en général à tout ce qui est motorisé et équipé d'au moins deux roues. En plus, j'aime faire des activités avec mes copains et copines, voyager, faire du sport ou passer simplement trop de temps devant l'ordinateur ...

**Comment décrirais-tu ton travail à la commune ?**

En tant que secrétaire, je suis rattaché au secrétariat communal et je fais principalement office de bras droit du bourgmestre, des échevins et du conseil communal. Je m'occupe de l'organisation des séances du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal. En collaboration avec le service technique, je coordonne par exemple les dossiers à traiter par le collège échevinal ou le conseil communal ; je documente les discussions ainsi que les décisions prises et j'en assure le suivi. Je m'occupe également du courrier qui arrive chaque jour à la commune, je le transmets aux destinataires et je réponds aux e-mails.
En outre, je rédige des contrats, conventions ou actes entre la commune, des entreprises externes ou des particuliers ; je m'occupe de la rédaction de nouveaux règlements communaux ou de la mise à jour de règlements existants. Enfin, une fois par an, je prépare le budget, ensemble avec le collège des bourgmestre et échevins.
Bien entendu, je ne suis pas seul à accomplir toutes ces tâches ; je travaille toujours en étroite collaboration avec le collège échevinal, le conseil communal et les autres services de la commune de Feulen.

**Pourquoi as-tu choisi Feulen comme lieu de travail ?**

D'abord pour la diversité. Avant, j'étais employé à la Ville de Luxembourg. Ici, on connaît son travail sur le bout des doigts, on est très spécialisé, mais on fait tous les jours et toutes les semaines la même chose. C'est pourquoi une petite commune est intéressante. Chaque jour apporte de nouveaux défis et il y a toujours des choses nouvelles à apprendre. C'est gratifiant de surmonter ces défis et d'avoir un sentiment de réussite après avoir accompli une tâche.
Ensuite, c'est bien sûr la proximité qui joue un rôle. Dans un monde professionnel où de plus en plus d'importance est accordée à l'équilibre entre vie professionnelle et vie personnelle, c'est agréable de ne pas devoir passer chaque jour une heure et demie en voiture mais de pouvoir être chez soi en 10 minutes.

**Pour finir ...**

Je suis heureux d'être ici et j'ai hâte de faire connaissance avec Feulen et ses habitants. J'espère pouvoir contribuer de façon positive à la satisfaction des habitants et habitantes de Feulen, au développement et à la vie du village.

"Ech ginn nach bis op d'Gemeng!"

## Cédric Picard

**Wie bass du?**

Mäin Numm ass Cédric Picard, si bestuet, Papp vun 3 Kanner a wunnen zu Nidderpallen. Meng Hobbye si lafe goen a vill Zäit mat menger Famill verbréngen. A wann dann nach e bëssen Zäit bleift, weess ech och e gutt Buch ze schätzen.

**Wat ass deng Aarbecht op der Gemeng?**

Ech sinn agestallt gi fir den nei entstanene Poste vum "Délégué à la sécurité" am *Service Technique* z'iwwerhuelen. Meng Aufgab wäert et sinn, mech ëm d'Schutzmoossnamen an d'Preventioun vu Risiken an den ëffentleche Gebaier an Ariichtunge vun der Gemeng Feelen ze këmmeren, ewéi och der Gesondheet an der Sécherheet vum gesamte Personal beim Ausübe vun hirer Aarbecht Rechnung ze droen. Dozou gehéiert z.B. d'Formation continue vum Personal z'organiséieren, Sécherheetsvisitten an de Gebaier an op allen aneren ëffentleche Plazen ze maachen, fir Risiken z'erkennen a se dann ze minimiséieren a beschtefalls z'eliminéieren. Ech pfleegen och d'Relatioun mam Inspekter vum *Service national de la sécurité dans la fonction publique* a villes méi.

**Firwat hues du dir déi Feelener Gemeng als Aarbechtsplaz erausgesicht?**

Well ech selwer net aus der Géigend sinn an ech ëmmer op sinn, eppes Neies kennen ze léieren, sief et en neit Duerf, nei Leit an och nei Mataarbechter op der Administratioun, war ech direkt begeeschtert, wou ech d'*Vacance de poste* vun der Feelener Gemeng gelies hunn. Vu que dass den ausgeschriwwene Poste vum "Délégué à la sécurité" och eng Neiheet a menger berufflecher Lafbunn duerstellt, war ech ëmsou méi motivéiert, op Feelen wëlle schaffen ze kommen. Ech hat an hunn eng grouss Loscht op eng nei Erausfuerderung.

**Zu gudder Lescht ...**

Ech wäert mäi Bescht ginn, fir menger Missioun esou gutt a verantwortungsbewosst ewéi méiglech nozegoen. Ech freeë mech drop.



## Cédric Picard

**Qui es-tu ?**

Je m'appelle Cédric Picard, je suis marié, père de 3 enfants et j'habite à Niederpallen. J'adore faire la course à pied et je passe beaucoup de temps avec ma famille. Et s'il me reste un peu de temps, j'en profite pour lire un bon bouquin.

**Comment décrirais-tu ton travail à la commune ?**

J'ai été recruté pour le poste nouvellement créé de « délégué à la sécurité » au sein du service technique de la commune. Ma tâche sera de veiller, pour ce qui est des bâtiments et des équipements publics de la commune, à l'application des mesures de sécurité et à la prévention de risques. Je veillerai également à la sécurité et la santé de l'ensemble du personnel communal lors de l'exécution de son travail. J'organiserai, par exemple, des formations continues pour le personnel, je visiterai des bâtiments et des lieux publics afin d'identifier les risques et de les minimiser voire de les éliminer ; j'assurerai l'échange avec l'inspecteur du *Service national de la sécurité dans la fonction publique*.

**Pourquoi as-tu choisi Feulen comme lieu de travail ?**

Comme je ne viens pas de la région et que je suis toujours ouvert à la découverte de nouveautés, qu'il s'agisse de nouveaux villages, de nouvelles personnes ou de nouveaux collègues de travail, j'ai tout de suite été enthousiasmé quand j'ai appris qu'il y avait un poste vacant à la commune de Feulen. Etant donné que le poste de « délégué à la sécurité » représente un nouveau défi professionnel, j'étais plus que motivé pour venir travailler à Feulen. J'avais et j'ai toujours envie de relever un nouveau défi.

**Pour terminer ...**

Je donnerai le meilleur de moi-même pour accomplir ma mission de façon responsable et efficace. J'ai hâte de m'y lancer.

« Je vais aller à la commune ».

## Noemie Simon

**Wie bass du?**

Gudde Moien alleguer! Mäin Numm ass Noemie Simon, ech sinn 30 Joer al an e Bierdener Meedchen. Ech hu vill Hobbyen, zu de Favoritte gehéiert d'Bitzen – dat ass rëm ganz modern! Ech schaffen haaptsächlech dee ganzen Dag um Computer an dofir maachen ech a menger Fräizäit gären eppes mat den Hänn.
Ech géing mech als oppenen an humorvolle Mënsch beschreiwen. Ech si mir kenger Aarbecht ze schued a léiere gäre bäi. Ech sinn ëmmer gutt gelaunt an ech freeë mech drop, d'Bierger an d'Biergerinne vu Feelen kënne kennen ze léieren.

**Wat ass deng Aarbecht op der Gemeng?**

Ech schaffen am Accueil a sinn domat do, fir Iech bei Äre Froen a Prozeduren ze hëllefen. Meng Aarbecht ass ganz ofwiesslungsräich a bleift domat ëmmer spannend. Et gëtt net esou séier langweileg!
Et ass eppes ganz Neies fir mech, well ech nach net am Accueil vun enger Gemeng geschafft hunn. Mir gefält et awer immens gutt, well do een enke Kontakt zum Bierger besteet an dat motivéiert mech a mengem Alldag.
Ech hoffen, Dir huelt mir et net béis, wann ech eppes nach net direkt weess. Ech informéiere mech awer ëmmer direkt a kommen esou séier wéi méiglech op Iech zréck!

**Firwat hues du dir déi Feelener Gemeng als Aarbechtsplaz erausgesicht?**

Ech hunn déi Jore virdrun ëmmer an der Stad geschafft an ech hu mir dofir virun allem eng Aarbecht gesicht, déi rëm méi a menger Heemecht läit. Ech sinn zwar net vu Feelen, mee ech hunn dësen Eck hei awer nawell ganz gär. Och wunnt Famill vu mir hei an der Gemeng, esou hunn ech d'Méiglechkeet, déi an der Mëttesstonn oder no der Aarbecht besichen ze goen – dat mécht mech immens frou!
Dobäi hunn ech mir och geziilt eng méi kleng Gemeng rausgesicht. Et versteet ee besser, wéi eng Gemeng funktionéiert an op wat et alles ukënnt. Och d'Aarbecht ass méi villfälteg an dat ass genee dat, wat ech gebraucht hunn.

**Zu gudder Lescht ...**

Ech kann Iech just soen, dass ech mäi Bescht ginn, fir Iech ze hëllefen a wann Dir Froen hutt, zéckt net, fir laanscht ze kommen oder unzeruffen. Bis hoffentlech geschwënn!



## Noemie Simon

**Qui es-tu ?**

Bonjour ! Je m'appelle Noemie Simon, j'ai 30 ans et je suis originaire de Burden. J'ai beaucoup d'activités de loisirs, mais ma préférée, c'est la couture (c'est à nouveau très moderne !). Comme je travaille généralement avant tout sur ordinateur, j'aime bien faire des activités manuelles pendant mon temps libre.
Je me décrirais comme une personne ouverte et pleine d'humour. Il n'existe pas de travail qui n'en vaille pas la peine et j'apprends volontiers. Je suis toujours de bonne humeur et je me réjouis de faire la connaissance de tous les citoyens et citoyennes de Feulen.

**Comment décrirais-tu ton travail à la commune ?**

Je travaille à l'accueil, je vous aiderai dans vos démarches et répondrai à vos questions. Mon travail est très varié et toujours passionnant. Ce ne sera pas ennuyeux !
Travailler à l'accueil, c'est nouveau pour moi. Cela me plaît énormément, car je suis en contact étroit avec les citoyens et les citoyennes et cela me motive tous les jours.
J'espère que vous comprendrez que je ne saurai pas toujours vous donner une réponse à l'immédiat ; je vérifierai et vous recontacterai aussi vite que possible.

**Pourquoi as-tu choisi Feulen comme lieu de travail ?**

J'ai toujours travaillé à Luxembourg-Ville et j'ai été à la recherche d'un lieu de travail plus proche de mon domicile. Je n'habite pas à Feulen, mais j'aime beaucoup cette région. J'ai de la famille à Feulen et me réjouis de pouvoir rendre visite à mes proches lors de la pause de midi ou après le travail.
C'est pourquoi j'ai choisi une petite commune. Il est plus facile de comprendre comment elle fonctionne et ce qui importe. Le travail est varié et c'est exactement ce dont j'ai besoin.

**Pour finir …**

Je ferai de mon mieux pour vous aider ; si vous avez des questions, n'hésitez pas à me contacter par téléphone ou à passer à la commune. À bientôt, j'espère !

# Déi berodend Kommissiounen
# Les commissions consultatives

## Schoul/École



▶ Marie-Anne Klopp
Eric Ries
Vicky Witry (*direction de région*)
Flore Schank (Presidentin)
Nadine Konsbruck
Liette Stockreiser-Heinen
Tessy Kohn
Stephie Koeune

✖ Anne Apel
Patrick Placidi
Claude Wilmes

## Zesummeliewen/Vivre-ensemble interculturel



▶ Liette Stockreiser-Heinen
Flore Schank
Opalia Gara
Joana Do Rosario
Schreiner Jacqueline

## Ëmwelt/Environnement



▶ Romain Reinig
Gérard Koob
Rui Barandas
Michel Figueiredo Matias
Michel Goethals (President),
Carmen Knell
Hubert Nelissen
Muriel Nunes
Joé Thein

✖ Eva Rasqué (Sekretärin)
Jeannot Schleider
Jacqueline Schreiner

## Mobilitéit/Mobilité



▶ Wagner Pol
Rui Barandas
Gérard Koob (President)
Opalia Gara
Carmen Knell
Joé Thein
Hubert Nelissen
Rajesh Etgen
Patrick Placidi

✖ Emilio Speranza

## Bauten/Bâtisses



▶ Gilbert Wantz
Claude Wilmes (President)
Christophe Hess (Sekretär)
Michel Figueiredo Matias
Georges Hentges
Rajesh Etgen

✖ Rui Barandas
Gilles Choque
Michel Goethals
Patrick Placidi
Pol Wagner

## Jugend/Jeunesse



▶ Nicola Steffen
Flore Schank
Michel Goethals (Sekretär)
Charel Besenius
Nina Breyer
Simon Dubos
Sarah Stockreiser (Presidentin)
Marie Besenius
Claude Wilmes

## Sport/Sports



▶ Rajesh Etgen
Patrick Placidi
Jean-Luc Meisch (President)
Fernand Mergen
Alain Hansen
Emilio Speranza
Gaël Wetzel (Sekretär)

✖ Arthur Alves
Pascal Leweck

## Kultur/Culture



▶ Fons Schmitz
(President a Sekretär)
Marianne Welter-Heintzen
Liette Stockreiser-Heinen
Melanie Lopes
Marcelle Rodesch-Schwartz

## Manifestatiounen/Manifestations



- Jean-Luc Meisch (Sekretär)
  Romain Reinig (President)
  Alain Hansen
  Fernand Mergen
  Liette Stockreiser-Heinen
  Michel Goethals
  Pascal Leweck

## Fairtrade



- Alain Hansen



D'Zesummesetzung vun de Kommissiounen entsprécht dem Stand vun Abrëll 2024.
*La composition des commissions correspond à la situation d'avril 2024.*



Nei
Nouveau

# Feelen

## Gëschter an haut

**Feelen gëschter an haut**

Dës Rubrik ass net ganz nei; et gouf si och scho virdrunn am *Louschlëssel*. D'Iddi huet eis gutt gefall, an esou hu mir eis op d'Sich gemaach no Geschichten iwwert Feelen an d'Feelener. Ze wëssen, wat war a wéi et war, hëlleft dacks, (besser) ze verstoen, firwat eppes haut esou ass wéi et ass.

Mir huelen Iech mat op eng Zäitrees duerch Uewer- an Nidderfeelen: Entdeckt Plazen a Gebaier vun enger neier, vun enger vergiessener Säit. Léiert d'Mënsche kennen, déi hei gelieft a geschafft hunn, déi haut hei liewen a schaffen.

### Déi Uewerfeelener Schoul am Laf vun de Joerhonnerten

Am Joer 1685 respektiv ëm 1721 gouf d'Schoul vun Uewerfeelen eng éischte Kéier ernimmt. Am Joer 1807 sollt eng nei Schoul gebaut ginn. 1822 krut d'Gemeng Feelen déi éischt Schoulorganisatioun fir d'Schoulen zu Nidderfeelen, Uewerfeelen an Niddermäerzeg. Zu Uewerfeelen war an de Méint November bis Mäerz d'Wanterschoul. Firwat? Deemools gouf et kee Schoulbus, keng Stroosseluuchten an dacks vill méi Schnéi wéi haut; et war vill ze geféierlech, fir an der Däischtert zu Fouss op Nidderfeelen ze goen. Vun Abrëll bis Oktober, wann d'Wieder besser war, sinn d'Kanner op Nidderfeelen an d'Schoul gaang.

D'Schoul vun Uewerfeelen, wéi si haut do steet, ass ëm d'Joer 1841 gebaut ginn. 1896 sollt d'Schoulgebai restauréiert ginn an um éischte Stack war eng Wunneng geplangt. Dëse Plang gouf awer verworf, well eng nei Schoul sollt gebaut ginn. Well awer keng gëeegent Platz fonnt gouf, ass den éischte Plang erëm aus dem Tirang geholl ginn an d'Schoul gouf restauréiert.

Wärend deenen nächsten honnert Joer, bis an 1990er Joren, ass an dësem Gebai nach Schoul gehal ginn. Ee vun deene bekanntste Schüler, deen zu Uewerfeelen an d'Schoul gaang ass, ass sécherlech de Fernand Etgen.

Hien ass Deputéierten, fréiere Chamberpresident, fréiere Minister a laangjärege Buergermeeschter vu Feelen.

Mir maachen e Sprong an d'Joer 2020, wou den éischte Budget gestëmmt gouf, fir d'Gebai ze sanéieren a konform ze maachen. Véier Joer méi spéit, de 17. Mee 2024, gouf d'Gebai a Presenz vum Minister Claude Meisch ageweit.

Haut hunn déi *Jonk vu gëschter* hei e flotte Sall mat Kichen. Och déi nei gegrënnte *Feelener Jugend* huet e Sall an där aler Schoul. Weider gëtt et am Gebai zwou Wunnengen, déi iwwert den *Office Social Nordstad* verlount ginn.





**Wousst Dir schonn?**

Bis 1872 hat d'Schoul keng Toiletten a keng Lavaboen. De Wanter hunn d'Kanner Brennholz misse matbréngen, fir net z'erkalen. Bis an d'19. Joerhonnert hunn d'Eltere Schoulgeld bezuelt, 25 Centimen de Mount fir liesen ze léieren a 35 Centimen de Mount fir schreiwen ze léieren.



# Feulen

## Hier et aujourd´hui

**Feulen hier et aujourd'hui**

Cette rubrique n'est pas tout à fait nouvelle comme elle figurait déjà dans des anciens numéros du *Louschlëssel*. L'idée nous a plu et nous sommes partis à la recherche d'histoires sur Feulen.

Nous aimerions partir avec vous en voyage à travers le temps pour découvrir et redécouvrir des lieux et des bâtiments sous un angle nouveau. Faites connaissance avec les personnes qui y ont vécu ou travaillé, ainsi qu'avec celles qui y vivent et travaillent toujours.

Nous sommes convaincus que le fait de connaître le passé peut parfois aider à mieux comprendre le présent.

### L'école d'Oberfeulen au fil des siècles

En 1685 et vers 1721, l'école d'Oberfeulen faisait ses premières apparitions dans des documents écrits. En 1807, il existait un projet de construction d'une nouvelle école. La première organisation scolaire pour les écoles de Niederfeulen, d'Oberfeulen et de Niedermertzig fut élaborée en 1822. L'école d'Oberfeulen était surtout fréquentée pendant l'hiver, de novembre jusqu'en mars. Comme à l'époque, il n'y avait pas de bus scolaire, pas d'éclairage public et souvent beaucoup plus de neige qu'aujourd'hui, il était bien trop dangereux de se déplacer à pied dans l'obscurité. D'avril en octobre, lorsque le temps était meilleur, les enfants pouvaient fréquenter l'école à Niederfeulen.

L'école d'Oberfeulen, sous sa forme actuelle, a été construite vers 1841. En 1896, une rénovation s'imposait et la construction d'un logement était prévue au premier étage. Ce projet fut toutefois abandonné au bénéfice de la construction d'une nouvelle école. Comme il s'avérait impossible de trouver un site approprié, le plan initial fut ressorti des tiroirs et l'école existante était restaurée.
Pendant les cent années suivantes, jusque dans les années 1990, le bâtiment était utilisé en tant qu'école. L'un des élèves les plus connus à avoir fréquenté l'école d'Oberfeulen est certainement le député Fernand Etgen, ancien Président de la Chambre des Députés, ministre et bourgmestre de la commune de Feulen.

En 2020, le premier budget a été voté pour rénover et mettre en conformité le bâtiment existant.

Quatre ans plus tard, le 17 mai 2024, le bâtiment a été inauguré en présence du ministre Claude Meisch.

Aujourd'hui, les *Jonk vu gëschter* disposent d'une belle salle de séjour avec cuisine au rez-de-chaussée. L'association *Feelener Jugend*, récemment créée, dispose également d'un local dans l'ancienne école. En outre, le bâtiment abrite deux appartements qui sont loués via l'*Office Social Nordstad*.



**L'avez-vous su ?**

Jusqu'en 1872, l'école ne disposait ni de toilettes ni de lavabos. En hiver, les enfants amenaient du bois de chauffage pour ne pas avoir froid. Jusqu'au 19e siècle, les parents payaient les frais de scolarité de leurs enfants : 25 centimes par mois pour apprendre à lire et 35 centimes par mois pour apprendre à écrire.











# Op Entdeckungsrees zu Feelen

**Op Entdeckungsrees an der Gemeng: Feelen a seng Wanderweeër**

Feelen huet vill ze bidden – an a ronderëm d'Gemeng gëtt et munches ze gesinn an eng Rëtsch Tréppeltier waarden nëmmen drop, fir vun Iech entdeckt ze ginn. Ob laang oder kuerz, platt oder hiwweleg, am Bësch oder laanscht d'Baach, et ass fir all Goût eppes dobäi.

D'Laurence huet seng Wanderschung gestréckt a geet mat Iech op Entdeckungsrees. **Kommt mat a schéckt eis Är eege Fotoen op louschlëssel@feulen.lu.**




**Mam Laurence „op de Spéckert"**

Offiziell Bezeechnung: Tréppeltour F1

Start: Rue Eugène Reiser

Distanz: 9,5 km

Dauer: 2 Stonnen an 30 Minutten

Héichtemeeter: 180 m

Internet-Site: Visit Éislek

**Nei**
**Nouveau**

Maacht Iech mat mir op de Wee fir ee vun den offizielle Wanderweeër vun eiser Gemeng zesummen z'entdecken. Dem *Office régional du tourisme* (ORT) no ass de Schwieregkeetsgrad vum Tréppeltour F1 mëttelméisseg. Et ass elo u mir fir dat ze erauszefannen. Déi éischt dräi Kilometer si roueg, mat enger liichter, mee konstanter Montée. Vum drëtte Kilometer u gëtt et méi géi. Et bleift just nach ee Kilometer ze goen, ier deen héchste Punkt vun der Wanderung erreecht ass. Wéi ech uewen ukommen, kann ech mech erblosen an dee schéine Bléck op Nidderfeelen genéissen. De Rescht vum Tour geet et gemittlech biergof; de Schluss mécht de *Loumillewee*. Fir dee ganzen Tréppeltour hunn ech 2 Stonnen a 5 Minutte gebraucht; e geet sech gutt an et ass och net ze vill ustrengend. Obwuel d'Streck laanscht d'Nationalstrooss N15 geet, ass et roueg – a mat e bësse Chance gesäit een och nach e Réi oder e Gräifvull.

Vill Spaass ënnerwee!







# À la découverte de Feulen

**« Op de Spéckert » avec Laurence**

Dénomination officielle : Randonnée F1

Départ : Rue Eugène Reiser

Distance : 9,5 km

Durée annoncée : 2 h 30

Ascension/Descente : 180 m

Site internet : Visit Éislek




C'est parti pour la découverte d'une des randonnées officielles de notre commune. Selon l'*Office régional du tourisme* (ORT), la difficulté de la promenade est moyenne. À moi de vérifier – moi, c'est Laurence. Les trois premiers kilomètres sont marqués par une montée douce et constante dans les bois. À partir du troisième kilomètre, la montée devient plus abrupte. Courage ! Je n'ai qu'un kilomètre à parcourir avant d'atteindre le point culminant de la randonnée. Je reprends mon souffle en admirant les reliefs de Niederfeulen. La suite de la promenade se fait en une descente qui aboutit au *Loumillewee*. Finalement, j'ai mis 2 heures et 5 minutes pour finir la randonnée qui n'est pas si compliquée. Le calme tout au long de la promenade m'a marquée en sachant que le parcours passe en contre-bas de la route nationale 15. Les randonneurs les plus calmes seront récompensés par l'apparition de biches et de rapaces.

Bonne randonnée !

**À la découverte des randonnées à Feulen**

Feulen a beaucoup à offrir - il y a de nombreux endroits à découvrir et des sentiers bien préparés vous attendent. Qu'ils soient longs ou courts, escarpés ou vallonnés, en forêt ou le long de la rivière, il y en a pour tous les goûts.

Laurence a enfilé ses chaussures de randonnée et se met en route avec vous. **Venez avec nous et envoyez-nous vos photos de randonnée sur louschlëssel@feulen.lu.**











# Aweiung

## Vun de Gemengegefierer

**20. September 2023**

Am Kader vun enger Feierstonn goufen déi Gefierer, déi an de Joren 2019 bis 2023 fir den technesche Service ugeschaaft gi sinn, ageweit.

Et sinn am Ganzen 8 Gefierer a Maschinnen:

- En Trakter *Valtra* (2019);
- Eng *Ford* Camionnette 3,5 Tonnen (2020);
- En Auto *Dacia Duster* fir den Techniker (2020);
- E Minibagger *Komatsu* (2021);
- E *Mercedes* Camion 5,5 Tonne fir de Steemetzer (2022);
- E *Mercedes* Schoulbus fir d'Schoul an d'Maison relais (2023);
- Eng *Mercedes* Camionnette fir de Service "Waasser" (2023).

# Inauguration

## Des véhicules communaux

**20 septembre 2023**

À l'occasion d'une petite cérémonie, la commune a présenté les véhicules acquis entre 2019 et 2022 pour le service technique communal.

Il s'agit des huit véhicules ci-après :

- Un tracteur *Valtra* (2019) ;
- Une camionnette *Ford* 3,5 tonnes (2020) ;
- Une voiture *Dacia Duster* pour le technicien (2020) ;
- Une mini-pelleteuse *Komatsu* (2021) ;
- Un camion *Mercedes* 5,5 tonnes pour les travaux de maçonnerie (2022) ;
- Un bus *Mercedes* pour l'école et la maison relais (2023) ;
- Une camionnette *Mercedes* pour le service des eaux (2023).



# Green Events

## Informatiounsversammlung zum Thema “Green Events” am *Hennesbau*

**23. Januar 2024**

Op Invitatioun vun der Gemeng hunn eng Mataarbechterin vum *Oekozenter Pafendall* an den Här Schlicher, Klimaberoder vun de Gemeng Feelen, deenen interesséierte Vertrieder a Vertriederinnne vun de Veräiner d’Iddi vum “Green Event” erkläert.

**E “Green Event” ass eng ëmweltbewosst Manéier, fir e Fest oder eng Manifestatioun z’organiséieren**. Fir dëse Logo ze kréien, verzicht de Veräin op Geschier, dat nëmmen eemol ka benotzt ginn, verschafft regional, biologesch a vegan Liewesmëttel an zerwéiert Biogedrénks. Et gëtt esou mann wéi méiglech Offall produzéiert an d’Plaz vun der Manifestatioun ass gutt zu Fouss oder iwwert den ëffentlechen Transport z’erreechen. Donieft gëllt et, eng Rei vun anere Krittären anzehalen.

D’Veräinsleit hu vill Interessi gewisen an eng Rei Froe konnten nach op der Plaz beäntwert ginn. Déi éischt Manifestatioun zu Feelen, déi de Logo “Green Events” kritt huet, ass d’Wanterwanderung gewiescht.

Verschidde Veräiner hu scho geplangt, fir de Logo “Green Events” fir hir nächst Evenementer unzefroen. Als schéinen Nieweneffekt kritt de Veräin ee Subside vu 1.500 €, wann de Logo accordéiert gëtt. De Veräin kann och verschidde Rechnungen areechen, fir hei en Deel remboursséiert ze kréien.

**www.greenevents.lu**

# Green Events

## Réunion d’information sur les “Green Events” au *Hennesbau*

**23 janvier 2024**

Sur invitation de la commune, une réunion d’information au sujet du logo « Green Events » a été organisée au *Hennesbau*. Une collaboratrice de l’*Oekozenter Pafendall* et M. Schlicher, le conseiller pacte climat de la commune de Feulen, ont présenté le concept des « Green Events » aux représentants et représentantes des différentes associations de Feulen.

**Un « Green Event », c’est une fête organisée de façon écoresponsable.** Afin d’obtenir le logo, le respect de certaines règles s’impose : On évite d’utiliser le plastique à usage unique, on offre des aliments de production régionale, biologique et végane, ainsi que des boissons d’origine biologique ou régionale (du moins en partie). Limiter la production de déchets et inviter le public à venir à pied ou avec le transport public sont d’autres critères à respecter.

Les représentants et représentantes des associations ont montré un grand intérêt pour le sujet. Plusieurs associations ont décidé de faire la demande pour recevoir le logo « Green Events » pour leurs prochaines manifestations. Le premier événement à avoir obtenu le logo était la *Wanterwanderung*, la promenade d’hiver.

Lors de l’attribution du logo « Green Events », l’association touche une prime unique de 1.500 € - effet secondaire agréable. De plus, un remboursement supplémentaire de certaines factures concernant l’organisation de la manifestation peut être obtenu.

**www.greenevents.lu.**




# Joresofschlossfeier

## Merci fir dee laangjäregen Engagement am Déngscht vun der Gemeng!

**26. Januar 2024**

D'Ofschlossfeier vun der Gemeng Feelen war am *Chalet Panorama* vum *Sporthotel Leweck*. 136 Leit hunn zesummen an enger flotter Ambiance gefeiert.

Eng Rëtsch Leit si bei dëser Geleeënheet fir hire laangjäregen Engagement am Déngscht vun der Gemeng geéiert ginn. Dozou gehéieren déi Membere vum Gemengerot, déi an der Legislaturperiod 2023 bis 2027 keen neit Mandat hunn :

- **Tanja Bindels-Braun** (18 Joer);
- **Daniel Wilmes** (12 Joer);
- **Guy Arend** (6 Joer);
- **Georges Hentges** (6 Joer);
- **Thomas Pirsch** (6 Joer);
- **Charel Wagner** (1 Joer).

Den **Alain Hansen** ass fir 18 Joer am Schäffen- a Gemengerot geéiert ginn.

Geéiert goufen dräi Mataarbechterinne vum Botzpersonal, déi sech ëm d'Propretéit an de Schoule gekëmmert hunn:

- **D'Joanina Da Veiga Correia;**
- **D'Fernanda Das Dores Eiris-Rua Eiriz;**
- **D'Rosa D'Amore-Liuzzi.**

Merci hu mir och eisem *Chef de Service* gesot, dem **Renato Barbato**, deen 31 Joer fir d'Gemeng geschafft huet, grad ewéi dem **Sam Mores**, eisem fréiere Sekretär.

# Fête de fin d’année

## Un grand merci pour un engagement sans faille pendant de longues années au service de la commune !

**26 janvier 2024**

La fête de fin d’année de la commune de Feulen a eu lieu cette année au chalet *Panorama* du *Sporthotel Leweck*. 136 personnes ont passé une soirée agréable dans une ambiance chaleureuse.

Dans le cadre de ces festivités, plusieurs personnes ont été honorées pour leur engagement sans faille pendant de longues années au service de la commune. Il s’agit notamment des membres du conseil communal qui n’ont pas eu de mandat pour la législature 2023-2027 :

- **Tanja Bindels-Braun** (18 années) ;
- **Daniel Wilmes** (12 années) ;
- **Guy Arend** (6 années) ;
- **Georges Hentges** (6 années) ;
- **Thomas Pirsch** (6 années) ;
- **Charel Wagner** (1 année).

**Alain Hansen** a été honoré pour 18 ans d’engagement au sein du conseil communal et du collège des bourgmestre et échevins.

Trois collaboratrices de l’équipe de nettoyage ont été honorées qui, pendant de longues années, ont veillé à la salubrité des bâtiments scolaires :

- **Joanina Da Veiga Correia** ;
- **Fernanda Das Dores Eiris-Rua Eiriz** ;
- **Rosa D’Amore-Liuzzi.**

Finalement, c’était un grand merci de la part de la commune à l’attention de son chef de service **Renato Barbato**, qui a passé 31 ans au service la commune de même qu’à l’adresse de **Sam Mores**, ancien secrétaire communal.



Tanja Bindels-Braun



Daniel Wilmes



Thomas Pirsch



Charel Wagner



Alain Hansen



Fernanda Das Dores Eiris-Rua Eiriz



Joanina Da Veiga Correia



Renato Barbato



Sam Mores

# Gedenkfeier

## Massaker vu Sonnenburg zu Groussbus

**30. Januar 2024**


Zwee Deeg virun der Befreiung vum Prisong vu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen), an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945, sinn 819 Mënsche kalbliddeg vun engem SS-Kommando erschoss ginn. Dorënner waren och 90 jonk Lëtzebuerger Zwangsrekrutéiert. Si goufen onschëlleg higeriicht, brutal a sënnlos massakréiert. E Massaker, deen net mat Wierder ze beschreiwen ass, esou schrecklech, datt mir eis ëmmer erëm froen, wéi et méiglech ass, datt d'Mënschheet zu esou Grausamkeete fäeg ass.

An haut musse mir feststellen, datt änlech Ideologien erëm zu änleche Massakere féieren. Biller aus der Ukrain an aus dem Noen Oste weisen, datt d'Mënschheet näischt bäigeléiert huet.

An deem Sënn soll d'Gedenkfeier vum 30. Januar de Gedanke vu Fräiheet a Resistenz géint d'Ideologië vun Intoleranz an Ënnerdréckung an d'Zukunft eriwwer retten an dofir suergen, datt d'Affer, dat d'Zwangsrekrutéiert fir d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vun eisem Land bruecht hunn, net ëmsoss war.

Mir däerfen net vergiessen, datt de Weltfridden duerch extremistesch Theorien an allergréisst Gefor geroden ass.








# Commémoration

## Massacre de Sonnenburg à Grosbous

**30 janvier 2024**

Deux jours avant la libération de la prison allemande de Sonnenburg (aujourd'hui Slonsk en Pologne), 819 prisonniers, dont 90 jeunes enrôlés de force luxembourgeois, ont été brutalement massacrés dans la nuit du 30 au 31 janvier 1945 par un commando SS. Innocents, ils ont été massacrés brutalement. Un massacre indescriptible et si horrible qu'il pose la question du comment. Comment est-il possible que l'humanité soit capable de telles cruautés ?

Force est de constater que des idéologies similaires conduisent aujourd'hui à nouveau à des massacres similaires comme le montrent les images nous provenant de l'Ukraine et du Proche-Orient.

La commémoration du 30 janvier sert ainsi à préserver l'idée de liberté et de résistance contre des idéologies d'intolérance et d'oppression. Elle nous rappelle que les sacrifices des enrôlés de force pour notre liberté et notre indépendance n'étaient pas vains.





# Repair Café@Hennesbau

## Eng flott Iddi kënnt op Feelen!

**11. Mee 2024**

An Zesummenaarbecht mat dem *Center for Ecological Learning Luxembourg* (CELL) a *Repair Café Lëtzebuerg* huet d’Gemeng den 11. Mee 2024 den éischte *Repair Café* zu Feelen op d’Been gestallt.

**Wat ass e *Repair Café*?**

E *Repair Café* ass eng Plaz, wou handwierklech begaabte Benevolle versichen, fir Saachen, déi net méi oder net méi richteg ginn, ze flécken. Elektresch an elektronesch Geräter, Kleeder an aner Textilien, Miwwelen, Véloen, asw., déi ze schued sinn, fir ewechzegeheien, kréien esou en zweet Liewen.

De *Repair Café* ass awer och eng Plaz fir sech ze begéinen: Hei kënnt ee bei enger Taass Kaffi an engem Stéck Kuch mat anere Leit an d’Gespréich, et kuckt een de Reparateuren iwwert d’Schëller, asw.

**Déi éischt Editioun war e Succès!**

Den 30. Januar 2024 war eng éischt Informatiounsversammlung am *Hennesbau*, an där d’Iddi vum *Repair Café* virgestallt ginn ass. Hei hu sech direkt e puer Leit zesummefonnt, fir eng Hand mat unzepaken.

Den 11. Mee war et dunn esou wäit. Vun 9 bis 13 Auer hat jiddwereen d’Geleeënheet, mat senge Saache laanscht ze kommen. Elektresch an elektronesch Aarbechten, kleng Holz- a Bitzaarbechten, grad ewéi kleng Reparaturen um Vëlo sinn ugebuede ginn. Iwwert 20 Saache si vun deene 7 benevole Reparateuren an Ugrëff geholl ginn. Bis op zwou Saache konnt alles gefléckt ginn: d’Kabeltrommel vum Staubsauger, de Radio an de Lautsprecher, d’Bommel op der Mutz, déi futtis Manteltäschen an de Schalter vun der Stéiluucht, fir nëmmen dës ze nennen.

**Déi zweet Editioun steet virun der Dir!**

Et ass geplangt, fir dräi- bis véiermol am Joer e *Repair Café* z’organiséieren. Dir hutt Loscht fir matzemaachen? Dir hutt Froen zum prakteschen Oflaf? Dann zéckt net, fir e Mail ze maachen op **flore.schank@feulen.lu.**

Dir hutt eng Kaffismachin, bei där de Kabel lass ass? Eng futtis Tirett an der Jackett? En Tirang, bei deem dat viischt Stéck erofällt? E Vëlo, deem seng Bremsen net méi ginn? Da kommt bei där zweeter Editioun laanscht. Den Datum wäert iwwert den Internet-Site an iwwert e Flyer matgedeelt ginn.







# Repair Café@Hennesbau

## Une belle idée vient à Feulen !







**11 mai 2024**

Le premier *Repair Café* à Feulen a été organisé par la commune, en collaboration avec le *Center for Ecological Learning Luxembourg* (CELL) et *Repair Café Lëtzebuerg*.

**C'est quoi, le *Repair Café* ?**

Au *Repair Café*, des réparateurs bénévoles vous aident à réparer des objets qui ne marchent plus et que vous aimeriez garder au lieu de les jeter : des appareils électriques et électroniques, des vêtements et autres textiles, de petits meubles, des vélos, etc.

Le *Repair Café*, c'est aussi un lieu de rencontre et d'échanges autour d'une tasse de café et d'un morceau de gâteau.

**La première édition a été un succès !**

Le 30 janvier 2024, une réunion d'information avait lieu au *Hennesbau*, au cours de laquelle l'idée du *Repair Café* a été présentée. À l'issue de cette réunion, plusieurs volontaires se sont montrés d'accord pour donner un coup de main.

Le 11 mai, le premier *Repair Café* a ouvert ses portes de 9 à 13 heures. Des réparations électriques et électroniques, de petits travaux de bois et de couture, ainsi que de petites réparations de vélo ont été proposés. À part deux objets, les sept bénévoles ont pu réparer plus de vingt objets : l'enrouleur de câble de l'aspirateur, la radio et le haut-parleur, la tresse de la casquette, les poches du manteau et l'interrupteur défectueux de la lampe, pour ne citer que ces exemples.

**La deuxième édition d'annonce …**

Il est prévu d'organiser un *Repair Café* trois à quatre fois par an. Vous aimeriez participer ? Vous avez des questions pratiques par rapport à l'organisation ? Alors n'hésitez pas à envoyer un mail à l'adresse **flore.schank@feulen.lu.**

Vous avez une machine à café dont le câble est endommagé ? Un pantalon dont la fermeture éclair est cassée ? Un tiroir dont la face avant devrait être fixée ? Un vélo dont les freins ne fonctionnent plus ?

Rendez-nous visite lors de la deuxième édition. La date vous sera communiquée sur le site internet de la commune ou moyennant un dépliant.


# En onvergiesslechen Dag ...
# Une journée à mémoriser ...

**Dir hutt lech bestuet a wëllt d'Erënnerung un dësen Dag deelen?** Da schéckt eis Är Foto op **louschlëssel@feulen.lu**


**Vous vous êtes mariés et vous souhaitez partager vos souvenirs ?** Alors n'hésitez pas à nous envoyer vos photographies à l'adresse **louschlëssel@feulen.lu.**



Pit Frederes & Kelly Decker




Jérôme Schroeder & Carina Patricia Leite Carvalho



Joe Jungels & Marilyn Erdel



Sam Ferreira & Hassina Agadi



Antoine Bielous & Diana Guthmann

# Sponsored run

**19. Mee 2023**

Wéi all Joer hunn d'Schoulkanner aus dem *Kuebebongert* och 2023 am Kader vun der Schoulsportwoch hire *Sponsored* Run organiséiert. Mat vill Begeeschterung an Ausdauer sinn d'Kanner hir Ronne gelaf an dobäi sinn eng ettlech Kilometer zesummekomm. Den Erléis vun 10.000 € ass des Kéier u *Care Luxembourg Asbl* gaang.

**19 mai 2023**

Comme chaque année, dans le cadre de la semaine du sport scolaire, les élèves du *Kuebebongert* ont organisé leur *Sponsored Run*. Un grand nombre de kilomètres ont été parcourus avec beaucoup d'enthousiasme et d'endurance. La somme de 10.000 € a été versée à *Care Luxembourg Asbl*







# Schoulfest
# Fête de l'école

**8. Juli 2023**

8 juillet 2023









# Maison relais an der Natur

## Vakanzeprojet fir d'Kanner aus de Cyclen 1 bis 4

**24. Juli bis 28. Juli 2023**

D'Maison relais vu Feelen huet an Zesummenaarbecht mat der Maison relais vu Groussbus-Wal de Projet "Maison Relais an der Natur" ëmgesat. D'Prinzippie vum "kompetente Kand", vum "Raum als drëtte Pedagog", dem Erzéier als Erméiglecher an der Vernetzung mat de regionale Partner hunn an dësem Kontext eng wichteg Roll gespillt.

Mam Projet "Maison relais an der Natur" si mir 2023 an déi drëtt Ronn gaangen, mat ville weiderentwéckelten Iddien, neien Acteuren a Projeten, bei deenen d'Kanner, hir Bedierfnesser an hir Kompetenzen am Mëttelpunkt vun eiser pedagogescher Aarbecht stoungen. D'Natur, d'Ëmwelt an hir Bewunner hunn d'Kanner duerch dëse Projet spilleresch besser kenne geléiert. Si kruten d'Méiglechkeet, fir nei Erfarungen ze maachen an nei Erausfuerderungen unzegoen an e Bewosstsinn fir d'Ëmwelt z'entwéckelen. Duerch eng Auswiel un Ateliere ronderëm d'Theeme Fuerschen, Kachen, Kreativitéit, Natur an Ëmwelt, Kooperatioun a Sport, ass fir all Kand an all Alter eppes Passendes dobäi gewiescht.

# Maison relais et nature

## Projet de vacances pour enfants des cycles 1 à 4

**Du 24 au 28 juillet 2023**

La maison relais de Feulen a initié le projet « maison relais et nature », en collaboration avec la maison relais de Grosbous-Wal. Les principes pédagogiques de « l'enfant compétent », « l'espace éducateur », l'éducateur en tant que facilitateur ainsi que le réseautage avec des partenaires régionaux y jouaient un rôle prépondérant.

En 2023, nous avons entamé le troisième cycle avec de nouvelles idées, de nouveaux acteurs et de projets qui mettaient les besoins et les compétences des enfants au centre d'intérêt. Ils ont eu la possibilité de faire des expériences nouvelles et variées et de découvrir l'environnement de façon consciente. Grâce à différents ateliers ludiques (recherche, cuisine, créativité, nature, coopération et sports), les enfants ont appris à connaître la nature et ses habitants tout en la préservant.









# Liesowend

## am Kuebebongert

**9. Juni 2023**

D'Enseignanten hunn zesumme mat den Elterevertrieder d'Schoulkanner aus de Cyclen 2 bis 4 op e flotte Liesowend invitéiert. Iwwert den Owend verdeelt kruten d'Kanner a verschiddenen Ateliere flott a spannend Geschichte presentéiert a virgelies. D'Enseignanten hunn sech vill Méi gemaach, fir dësen Owend ofwiesslungsräich a spannend ze gestalten. Tatkräfteg Ënnerstëtzung krute si dobäi vun enger ganzer Partie Invitéen, wéi dem Lydie Develter, dem Dany Gales, dem Fernand Mergen, dem Flore Schank, dem Gilbert Schreiner an dem Marc Weydert. Wärend der Paus hunn d'Elterevertrieder jiddweree mat Gedrénks, engem Bréitchen an engem gudde Stéck Kuch verwinnt.

# Soirée de lecture

## au Kuebebongert

**9 juin 2023**

Le 9 juin 2023, le personnel enseignt et les représentants des parents ont organisé une soirée de lecture sympathique pour les élèves des cycles 2 à 4. Au cours de cette soirée, tous les élèves ont eu la possibilité de participer à différents ateliers où des histoires passionnantes leur ont été présentées. Le personnel enseignant a tout mis en oeuvre pour rendre cette soirée variée et intéressante. Ils ont reçu le support de nombreux invités externes, tels que Lydie Develter, Dany Gales, Fernand Mergen, Flore Schank, Gilbert Schreiner et Marc Weydert. Pendant la pause, les représentants des parents ont offert des boissons, des sandwichs et un bon morceau de gâteau.





# De Kleesche kënnt op de Chrëschtmaart

**2. Dezember 2023**

Den 2. Dezember hunn d'Schoulkanner zesumme mam Léierpersonal, der Maison relais an den Elterevertrieder op hiren traditionelle Chrëschtmaart an de *Kuebebongert* invitéiert. Mat Hëllef vun der Gemeng gouf am Schoulhaff mat ville Liichtercher, hëlzene Buden a Chrëschtbeemercher eng wanterlech Atmosphär gezaubert. Géint dräi Auer ass de Kleesche mat sengen Engelcher an de Schoulhaff komm an huet all Kand eng Titchen iwwerreecht. De Jugendensembel vun der Feelener Musek huet e puer flott Lidder gespillt.

Op deene verschiddene Stänn hunn d'Schoulkanner kreativ Bastelaarbechte verkaaft. Fir esou richteg a Feierdagsstëmmung ze kommen, goufe Chrëschtlidder gesong an d'Strëpp vun der Feelener Musek huet fir flott Chrëschtdagsmusek gesuergt.

Den Erléis vu Chrëschtmaart ass un *Een Häerz fir kriibskrank Kanner* an un de *Plooschter Projet* gaang.

# Saint Nicolas au Marché de Noël


**2 décembre 2023**

Le 2 décembre, les élèves, le personnel enseignant et éducatif et les représentants des parents ont organisé leur traditionnel marché de Noël au *Kuebebongert*. Avec le support de la commune, l'ambiance de Noël a été créée dans la cour d'école avec des illuminations, des maisonnettes en bois et des sapins de Noël.

Vers 15 heures, l'ensemble des jeunes de la fanfare de Feulen a célébré l'arrivée de Saint Nicolas en musique. Ce dernier, accompagné de ses anges, est venu dans la cour d'école et a distribué des sachets de friandises aux enfants.

Les élèves vendaient des bricolages confectionnés en classe. Les recettes récoltées par ces ventes ont été données à deux associations, à savoir *Een Häerz fir kriibskrank Kanner* et le *Plooschter Projet*. Afin de se mettre en ambiance de fêtes, les élèves ont entonné des chants de Noël et la fanfare de Feulen a joué de la musique de Noël. L'ambiance et la bonne humeur étaient au rendez-vous tout au long de la journée.


















A.G.D.






Maison
Relais







# Liichtmëssdag

## zu Uewerfeelen

**2. Februar 2024**

Den 2. Februar hunn 72 Kanner sech bei der Kapell an der *Route d'Arlon* zu Uewerfeelen getraff, fir zesumme liichten ze goen. Mat hire flotte Liichtebengelcher a Lantere sinn d'Kanner a véier Gruppen duerch ganz Uewerfeelen, vun Haus zu Haus, gaang an hunn hiert Lidd fir Liichtmëssdag gesong. Do, wou d'Leit hinnen d'Dier opgemaach hunn, gouf et als Belounung vill Kamellen a Schockela. Zum Schluss hunn d'Kanner an hir Eltere sech an der Kapell op e gutt Stéck Kuch an e waarme Schocki getraff, wou och déi ganz "Beute" gerecht opgedeelt ginn ass.



# Fête de la Chandeleur

## à Oberfeulen

**2 fevrier 2024**

Le 2 février 2024, 72 enfants se sont rassemblés devant la chapelle dans la Route d'Arlon afin de célébrer la Chandeleur. Répartis en quatre groupes et équipés avec leurs beaux lampions, les enfants ont fait le tour du village. Lorsque les habitants leur ont ouvert la porte, les enfants ont chanté avec beaucoup d'enthousiasme la chanson de la Chandeleur. En récompense, les enfants ont reçu des sucreries et des chocolats. À la fin, tous les enfants et leurs parents se sont retrouvés à la chapelle pour manger un bon morceau de gâteau et boire un chocolat chaud. La récolte de friandises a été répartie entre tous les enfants qui ont participé.



# En neien Internet-Site fir d'Schoul

D'Schoulpersonal aus dem *Kuebebongert* ass houfreg drop, fir Iech kënnen hiren neien Internet-Site virzestellen.

Op eisem Site fënnt jiddweree nëtzlech Informatiounen zu eiser Schoul: Beispillsweis eis Opdeelung vun de Klassen, eis Membere vum Schoulcomité oder d'Kontaktdate vun eiser Regionaldirektioun vun Dikrech.

Doniewent fannt Dir awer och Fotoen an Artikelen zu schouleschen Evenementer. Eng Rei vun de Rubricken op eisem Site, wéi zum Beispill Fotoe vu Klassenaktivitéiten, sinn de Feelener Schülerinnen a Schüler an hiren Eltere virenthalen an duerch e Passwuert geschützt.

Fir weider Informatioune géife mir eis freeën, wann Dir eis ënnert follgendem Link géift besichen:

**www.schoul-feelen.lu**

# Un nouveau site internet pour l'école


Le personnel enseignant et éducatif de l'école fondamentale *Am Kuebebongert* a le plaisir de vous présenter son nouveau site internet.

À part des applications pédagogiques utilisées au quotidien scolaire, vous y trouverez des informations utiles sur notre école, comme, par exemple, notre répartition des classes, nos membres du comité d'école ou les données de contact de notre direction régionale de Diekirch.

D'autant plus, vous y trouverez des photos et des articles de nombreux événements scolaires. Comme il s'agit en partie d'informations confidentielles, certaines rubriques du site sont protégées par un mot de passe et sont ainsi réservées aux élèves de notre école et à leurs parents.

Pour de plus amples informations, n'hésitez pas à visiter notre site :

**www.schoul-feelen.lu**



# Schoulklassen 2023/2024



**Cycle 1 Précoce**

Patricia Gonçalves Fradeira

Martine Welter

Jessica Feltus



**Cycle 1A**

Marie-Anne Klopp



**Cycle 1B**

Claudine Anthon

# Classes d'école en 2023/2024



**Cycle 1C**

Elisabeth Engeldinger



**Cycle 1D**

Carmen Karier



**Cycle 2.1A**

Florence Bouché

# Schoulklassen 2023/2024




**Cycle 2.1B**

Lis Godelet




**Cycle 2.2A**

Caroline Simon




**Cycle 2.2B**

Nadia Wersant

# Classes d'école en 2023/2024



**Cycle 3.1A**

Patrick Weis




**Cycle 3.1B**

Moris Brust




**Cycle 3.2A**

Estelle Fouilleux

Eric Ries

# Schoulklassen 2023/2024



Cycle 3.2B

Linda Flammang



Cycle 4.1A

Tania Kass



Cycle 4.1B

Larissa Burg

# Classes d'école en 2023/2024



**Cycle 4.2A**

Nadine Wilmes

Lex Reckinger



**Cycle 4.2B**

Tammy Provost

am Kuebebongert

# Entente Feelen-Gréiwels-Heischent

## Bei der Entente ass ëmmer eng lass!

**Eis Aktivitéite vun November 2023 bis Mee 2024**

- Enn November huet de Kleeschen d'Kanner um Training iwwerrascht mat enger Titchen. D'Eltere konnten e Patt an der Buvette genéissen.
- D'Entente hat e Stand um traditionnelle *Randschëlter Maart*. Hei goufe Kniddele verkaaft.
- Am Januar hunn e puer Spillerinnnen a Spiller bei der Réouverture vum Garage vun engem vun eise Sponsoren eng kleng Demonstratioun gemaach.
- De 16. a 17. Januar huet de Comité mat der Hëllef vun den Elteren en *Indoor-Tournoi* zu Nidderfeelen an der Hal op d'Been gestallt.
- De 27. Januar huet de Comité déi zweet Editioun vum Kicker-Tournoi am *Hennesbau* organiséiert. Hei konnte Kanner an Elteren hiert Kënne weisen. Owes goung et beim *XL-Kicker-Tournoi* zu véier géint véier.
- Um sportleche Plang gouf et Participatiounen un 18 verschiddenen Halen-Turnéieren: Hei hunn ons Ekippen zum Deel ganz gutt Leeschtunge gewisen. Sou hunn eis *Pupilles* a *Poussins* den zweeten Tour vum Hale-Championnat erreecht an d'*Fillettes* (an der Entente mam *FC Sporting Mäerzeg*) hunn et bis an d'Finall gepackt an hei eng exzellent drëtt Plaz gemaach. Z'ernimmen ass och nach, datt eis *Pupilles* 5 Tournoie gewonnen hunn.
- Den 21. Mäerz war *Public Viewing* vum Lännermatch Georgien-Lëtzebuerg an der Buvette.
- Den 8. an 9. Mee war de grousse Fussball-Tournoi *Euro-Cup 2024* zu Nidderfeelen mat méi wéi 650 Kanner an deene verschiddene Kategorien.

Aktuell betreien 20 Trainerinnen an Trainer 165 Kanner a Jugendlecher! Ass Äert Kand och um Fussball interesséiert? Da besicht eise Site ***www.entente-fgh.lu*** oder schreift eis eng Mail op ***secretariat@entente-fgh.lu.***









# Entente Feulen-Grevels-Heiderscheid

## Il se passe toujours quelque chose chez l'entente !

**Nos activités de novembre 2023 à mai 2024**

- En novembre, Saint Nicolas nous a rendu visite : Tous les enfants ont reçu un sachet rempli de friandises et les parents ont été invités à boire un verre à la buvette.
- L'entente a vendu des *Kniddelen* au marché de Noël à Rindschleiden.
- En janvier, quelques joueurs et joueuses ont fait une démonstration pour la réouverture du garage d'un de nos sponsors.
- Le 16 et le 17 janvier, le comité, avec l'aide de parents, a organisé un tournoi *indoor* au hall sportif de Niederfeulen.
- Le 27 janvier, le comité a organisé la deuxième édition du tournoi de kicker au *Hennesbau*. Les enfants et les parents ont pu montrer leur habilité dans ce jeu. Le soir, un tournoi XL à quatre joueurs contre quatre a été organisé.
- Sur le plan sportif, nous avons participé à 18 tournois *indoor* où nos équipes ont réalisé de très bonnes performances : Nos pupilles et nos poussins ont atteint le deuxième tour du tournoi. Les fillettes (en entente avec le *FC Sporting Mertzig*) ont atteint la finale pour terminer à une excellente troisième place. Il faut ajouter que nos pupilles ont remporté 5 tournois.
- Le 21 mars, le *public viewing* du match Luxembourg-Georgie à la buvette a attiré beaucoup de spectateurs.
- Le 8 et le 9 mai, il y avait le tournoi *Euro-Cup* à Niederfeulen avec plus de 650 inscriptions dans les différentes catégories.

Actuellement, 20 entraineurs prennent en charge 165 enfants ! Si votre enfant est intéressé par le football, nous vous invitons à visiter notre site internet ***www.entente-fgh.lu*** ou écrire un mail à ***secretariat@entente-fgh.lu.***







# Feelener Uergelfrënn

## Auftakt zum 20-jährigen Jubiläum

**25. Juni 2023**

Am 25. Juni 2023 fand der erste Teil der Festlichkeiten im Rahmen des 20-jährigen Jubiläums der *Feelener Uergelfrënn Orgelkonzerte* statt: Mit einem feierlichen Gottesdienst, in dem die Einlagen von Toiny Schreiner auf der Zither sowie der *Chorale Ste Cécile Feulen*, unter der Leitung von Dirigent Paul Pletschette, die Messe besonders verschönerten.

Am Abend fand das gut besuchte Orgelkonzert mit OrgelschülerInnen und MusikerInnen des *Conservatoire de Musique du Nord* statt.



Im Namen der *Feelener Uergelfrënn* stellte Patrick Lepage das Geburtstagskind vor und bedankte sich in dessen Namen bei allen, die in den vergangenen 20 Jahren als Freundeskreis aktiv waren, bei den Förderern, den Gemeindeautoritäten, dem Vorstand, den MusikerInnen und den ZuhörerInnen. Letztere sind ihrer Orgel treu geblieben und erscheinen wie eh und je zahlreich und genießen intensive Momente in direkter Nähe der MusikerInnen und des Instrumentes. Mit dem Wunsch, dass der Freundeskreis sich vergrößern und auch die Jugend verstärkt ansprechen möge, schloss der Redner.

Die *Westenfelder-Orgel* war für diese Gelegenheit frisch instandgesetzt worden und wurde von den 7 OrgelschülerInnen in den verschiedenen Registern geprüft. Die Orgel entfaltete ihre Klangvielfalt mithilfe des Repertoires der hervorragenden OrganistInnen.

Das Zusammenspiel von Orgel und Violine, Geige und Gesang war ein weiterer Höhepunkt des Konzerts.






Beim anschließenden Empfang wurden die Zusammenarbeit mit Maurice Clement und dem *Conservatoire de Musique du Nord* gelobt. Sie haben in der Pfarrkirche von Feulen immer wieder die Möglichkeit, ihr Können „auf der großen Bühne" zu zeigen.



# Les amis de l'orgue

## Coup d'envoi du 20e anniversaire

**25 juin 2023**

Le 25 juin 2023, une messe solennelle a ouvert la première partie des festivités du 20e anniversaire des concerts d'orgue des *amis de l'orgue* de Feulen ; Tony Schreiner était à la cithare et la chorale Sainte Cécile a chanté sous la direction de Paul Pletschette.

Le soir, le concert d'orgue des élèves et des musiciens du Conservatoire du Nord a attiré beaucoup d'auditeurs.



Au nom des *amis de l'orgue* de Feulen, Patrick Lepage présenta l'orgue et remercia tous ceux qui ont été actifs pendant les vingt dernières années : les amis de l'orgue, les mécènes, les autorités communales, le comité de l'orgue, les musiciens et les musiciennes, ainsi que les spectateurs et les spectatrices qui sont restés/-ées fidèles à l'instrument et sont toujours plus nombreux/-ses à profiter des moments intenses près de l'instrument et de ses musiciens. L'orateur a conclu son discours en souhaitant que le cercle des amis de l'orgue s'agrandisse et s'adresse davantage aux jeunes.

Sept organistes ont joué différents répertoires sur l'orgue de *Westenfelder*, fraîchement remis en état pour l'occasion. L'orgue a déployé sa diversité sonore grâce à un répertoire riche et aux organistes qui excellaient. L'interaction entre l'orgue et le violon, le violon et le chant étaient d'autres points forts du concert.






Lors de la réception qui suivit le concert, l'excellente collaboration avec Maurice Clement et le *Conservatoire du Nord* a été soulignée. Ils auront toujours la possibilité de montrer leur savoir-faire à l'orgue de l'église paroissiale de Feulen.



# Feelener Uergelfrënn

## Jubiläum und Benefizveranstaltung

**15. Oktober 2023**

Am 15. Oktober 2023 fand das zweite Konzert zum 20-jährigen Jubiläum der *Feulener Orgelkonzerte* statt. Im Namen des Vorstands begrüßte Paul Pletschette die ZuhörerInnen. Er zeigte sich erfreut über das anhaltende Interesse an den Konzerten. Diese sind mittlerweile zum festen Bestandteil des kulturellen Lebens in Feulen geworden. Sie bieten Organisten sowie jungen aufstrebenden Musiktalenten aus der Region eine willkommene Bühne für ihre Auftritte. Begleitet von der klangreichen *Westenfelder-Orgel* haben unterschiedlichste MusikerInnen und SängerInnen Gelegenheit, einem interessierten Publikum ein abwechslungsreiches Programm darzubieten. Der Erfolg bestärkt die Verantwortlichen der Vereinigung darin, in diesem Sinne weiterzumachen.



Die Erklärungen von Rosch Mirkes und Patrick Wilhelm trugen zum vertieften Verständnis der Werke bei.

Im Anschluss an das Konzert konnte dem *Luxemburger Roten Kreuz* ein Geldbetrag von 1.590 Euro überwiesen werden. Dieser setzte sich aus den Gagen der MusikerInnen und einer Kollekte während des Konzerts zusammen.

**Ein weiteres Orgelkonzert von den *Feelener Uergelfrënn* findet am 20. Oktober 2024 um 17.00 Uhr in der Kirche in Oberfeulen statt**, mit dem Organisten Jos Majerus und dem Damenchor *Les Enchantées.*



Die Sopranistin Christine Goethals, begleitet an der Orgel von Rosch Mirkes, trug mit „V'adoro, pupille" aus der Oper *Giulio Cesare* von G. F. Händel und „When love's soft passion", einer Cantata von J. C. Pepusch, ein exklusiv barockes Programm vor.

Begleitet wurden sie von einem Ensemble der *Feelener Musek* mit einem abwechslungsreichen zeitgenössischen Programm: Von George Gershwin und Glenn Miller über Ennio Morricone, Jérôme Naulais bis hin zu Joy Webb. Bei „Canadian Brass" kamen verschiedene Musiker als Solisten zur Geltung. Genauso wie Christine Goethals und Rosch Mirkes wurden sie mit anhaltendem Applaus für ihre Darbietung gewürdigt.







# Les amis de l'orgue

## Anniversaire et événement caritatif

**15 octobre 2023**

Le deuxième concert à l'occasion des 20 ans des concerts d'orgue de Feulen a eu lieu le 15 octobre 2023. Paul Pletschette a souhaité la bienvenue. Il s'est réjoui de l'intérêt continu porté aux concerts. Ceux-ci font entre-temps partie intégrante de la vie culturelle de Feulen. Ils offrent aux organistes et aux jeunes talents de la région une scène pour leurs performances musicales. Les musiciens et chanteurs, accompagnés par un orgue *Westenfelder*, ont présenté un programme varié devant un public enthousiaste. Ce succès encourage les responsables de l'association à poursuivre dans cette lignée.





La soprane Christine Goethals, accompagnée à l'orgue par Rosch Mirkes a interprété « V'adoro pupille », extrait de l'opéra *Guilio Cesare* de G. F. Händel et « When love's soft passion », une cantate de J. C Pepusch, un programme exclusivement baroque.

Ils étaient accompagnés par un ensemble de la musique de Feulen avec un programme contemporain et varié : Georges Gershwin, Glenn Miller, Ennio Morricone, Jérôme Naulais ou Joy Webb. Avec le morceau « Canadian brass », certains musiciens étaient mis en vedette en tant que solistes.



Les explications de Rosch Mirkes et de Patrick Wilhelm permettaient au public une meilleure compréhension des œuvres. Tous les musiciens ont été récompensés pour des applaudissements soutenus.

Après le concert, la somme de 1590 euros a été remise à la *Croix-Rouge luxembourgeoise.* Cette somme correspond au cachet des musiciens et à une collecte à la fin du concert.

**Le prochain évènement aura lieu le 20 octobre 2024 à 17 heures à l'église d'Oberfeulen**, avec Jos Majerus comme organiste et le chœur *Les Enchantées.*





# Feelener Fëscherkollegen 1992

## Weltmeeschterschaft a Polen beim Séi *Kluczbork*

D'Weltmeeschterschaft vun de Fëscherclibb war vum 17. bis den 23. Juli 2023 a Polen. Et ass déi éischte Kéier an der Geschicht vun eisem Club gewiescht, datt mir eis fir esou en Event qualifizéiert hunn. Geféscht gouf mat fënnef Fëscher a fënnef Sektore wärend véier Stonnen. Zil war et, fir méiglechst vill Gewiicht ze fëschen. De Fëscher mat deem héchste Gewiicht krut ee Punkt, de Fëscher mat dem zweethéchste Gewiicht krut zwee Punkten, etc. D'Ekipp mat deene mannste Punkte vun de fënnef Fëscher ass deemno Clubweltmeeschter ginn. Den éischten Dag hu mir mat 60 Punkten eng 26. Plaz beluecht. Den zweeten Dag si mir bis op déi 11. Plaz virgeréckelt. Mir hunn op enger gudder 18. Plaz ënnert 36 Konkurrenten mat 97 Punkten ofgeschloss. Gewënner war déi italieenesch Ekipp mat 31 Punkten.

E grousse Merci geet op dëser Plaz un eis Sponsoren.




▶ **1. Rei/ 1$^{re}$ rangée :** Patrick Welter, Steve Braun, Frank Steffen, Serge Wolsfeld, Batti Micucci, Nico Hottua
**2. Rei/ 2$^{e}$ rangée :** Mike Thinnes, Camille Braun, Mike Steffen, Pol Aumasson, Marco Trombini, Jeff Quintus

# L'amicale des pêcheurs 1992 de Feulen

## Championnat mondial en Pologne au bord du lac *Kluczbork*

Du 17 au 23 juillet 2023, le championnat mondial des clubs de pêcheurs a eu lieu en Pologne. C'est la première fois depuis la création de notre association que nous avons pu nous qualifier. Pendant cet événement, cinq pêcheurs pêchaient dans cinq secteurs différents durant quatre heures et tentaient d'attraper le plus de poissons possible. Les points ont été attribués en fonction du poids pêché. Le pêcheur ayant obtenu le plus de poids a reçu un point, le deuxième pêcheur deux points, etc. Par conséquent, l'équipe gagnante était celle ayant récolté le moins de points.
Le premier jour, nous avons fini à la 26$^{e}$ place avec 60 points. Le deuxième jour, nous avons atteint une 11$^{e}$ place. À l'issue de la compétition, nous avons fini en 18$^{e}$ position sur 36 concurrents avec 97 points. Le vainqueur était une équipe italienne avec 31 points.

Un grand merci à nos sponsors.

# Feelener Fëscherkollegen 1992

## Réckbleck op d'Saison: Championnat national a Championnat fédéral 2023

2023 si mir nationale Champion ginn a konnten domadder eisen Titel vun 2022 verdeedegen. Mir sinn och *Champion fédéral* ginn, andeems mir d'*Péiteschfeier*, dat wichtegst Fësche vum Joer, gewonnen hunn.

Mir ware bei 11 Concoursen dobäi an hunn der 9 dovu gewonnen. Eng 3. Plaz an eng 5. Plaz hu mir bei deenen 2 verbleiwende Concourse kritt. An deenen eenzelne Kategorien hu mir 17 Mol gewonnen a mir stounge 47 Mol um Podium. Op der *Péiteschfeier* krute mir 4 Medailen.

An der individueller Bewäertung vun der *Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs* (FLPS) waren et déi follgend Resultater:

- Kategorie "Senior": Steve Braun (Vizechampion);
- Kategorie "Master": Alain Denelle (Champion); Dan Wolsfeld (Vizechampion);
- Kategorie "Limit": Serge Wolsfeld (3. Plaz);
- Kategorie "Dammen": Anouk Wilmes (3. Plaz).

Clubchampion 2023 gouf de René Royer virum Alain Denelle an dem Steve Braun.

E grousse Merci geet och hei un eis Sponsoren.



▶ **1. Rei/ 1re rangée :** René Royer, Fredy Wagner, Steve Braun
**2. Rei/ 2e rangée :** Jeannot Lacour, Batti Micucci, Alain Denelle, Jeff Quintus
**3. Rei/ 3e rangée :** Steve Schaaf, Pit Conrady



▶ **1. Rei/ 1re rangée :** Fredy Wagner, Steve Braun, René Royer, Anouk Wilmes, Serge Wolsfeld
**2. Rei/ 2e rangée :** Alain Denelle, Patrick Welter, Mike Thinnes, Dan Wolsfeld, Pit Conrady, Dan Wilmes, Marco Trombini

# L'amicale des pêcheurs 1992 de Feulen

## Retour sur la saison 2023 : Championnats national et fédéral 2023

En 2023, nous avons défendu notre titre de champion 2022 et nous avons rapporté le titre de champion national 2023. Nous sommes également devenus champions fédéraux en remportant la pêche la plus importante de l'année, la *Péiteschfeier*.

Nous avons participé à 11 concours, dont nous en avons gagné 9. Nous avons fini à la 3e et la 5e place lors des deux concours restants. Dans les catégories individuelles, nous avons gagné 17 fois et nous sommes montés 47 fois sur le podium. Nous avons remporté 4 médailles à la *Péiteschfeier.*

Dans l'évaluation individuelle de la *Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs* (FLPS) nous avons obtenu les résultats suivants :

- Catégorie « Senior » : Steve Braun (vice-champion) ;
- Catégorie « Master » : Alain Denelle (champion) ; Dan Wolsfeld (vice-champion) ;
- Catégorie « Limit » : Serge Wolsfeld (3e place) ;
- Catégorie « Dames » : Anouk Wilmes (3e place).

René Royer a été champion du club 2023 suivi d'Alain Denelle et Steve Braun.

Nous tenons à remercier nos sponsors.

# Déi Jonk vu gëschter vu Feelen

## Vill schéi Momenter op der Generalversammlung

## De Georges Fellens gouf fir säin Engagement geéiert

**15. Februar 2024**

Fir déi 17. Kéier hunn déi *Jonk vu gëschter* op hir gutt besichte Generalversammlung an den *Hennesbau* invitéiert. D'Presidentin Viviane Reinartz-Krack huet jidderee wëllkomm geheescht. E Merci goung un d'Gemeng an hiert technescht Personal fir déi gutt Zesummenaarbecht an un de Kommitee an d'Membere fir hiren Engagement an hir Trei.

No enger Gedenkminutt huet d'Sekretärin Marianne Welter-Heintzen déi verschidden Aktivitéite vun 2023 Revue passéiere gelooss: 20 Porte-ouverten, 7 Kommiteessëtzungen a ronn 300 aktiv Memberen, déi matgemaach hunn.

Fir 2024 stinn op dem Programm:

- De Fréijoerstour (2. Mee);
- Eisekuche baken am Cactus (24. a 25. Mee);
- Spargeliessen (30. Mee);
- Rees an den Elsass (3. bis 6. Juni);
- Mammen- a Pappendagsfeier (13. Juni);
- Niklosfeier a Chrëschtmaart (Dezember 2024).

D'Caissière Marcelle Rodesch-Schwartz konnt eng gesond Finanzsituatioun konfirméieren. Dës gouf vun de KeesserevisorInnen Tanja Bindels-Braun a Roger May bestätegt. De Roland Philippe wäert dëse Poste vum Tanja Bindels-Braun iwwerhuelen.

Am Numm vun der Gemeng Feelen huet de Rajesh Etgen op d'Wichtigkeet vum Feelener Senioreveräin higewisen, grad wann et ëm d'Zesummeliewen an der Gemeng geet. D'Maud Dumay, d'Vertriederin vun *Nordstad Aktiv +* (*Inter-Actions*) huet op déi räichhalteg Offer fir Senioren higewisen an op d'Méiglechkeete vun der Zesummenaarbecht.

Zum Schluss war et e Merci vun der Presidentin un de Georges Fellens, deen zanter 2005 Member am Kommitee ass. Niewent engem Bouquet Blummen an engem Kaddo als Unerkennung fir säin Engagement war et och de Wonsch, datt hie vill weider flott Joren als Member am Veräin wäert hunn. Ofgeschloss gouf déi 17. Generalversammlung mat enger Bretzel an enger Taass Kaffi.



▶ De Kommitee vun *Déi Jonk vu gëschter* Feelen mam Georges Fellens:
Marianne Welter-Heintzen (Vizepresidentin a Sekretärin); Léa Busto-Wingert; Viviane Reinartz-Krack (Presidentin); Camille Braun; Loni Reding-Gillen; Fons Schmitz; Marcelle Rodesch-Schwartz (Caissière); Aloyse Ottelé.

# Les « Jonk vu gëschter » de Feulen

## De nombreux moments forts au sein de l'association

## Monsieur Georges Fellens mis à l'honneur pour son engagement au sein de l'association

**15 février 2024**

Cette année, les « Jonk vu gëschter » ont invité à leur 17e assemblée générale. La présidente, Viviane Reinartz-Krack a souhaité la bienvenue à tous et a remercié la commune et son personnel technique pour la bonne collaboration. Le comité et les membres ont été félicités de leur engagement et de leur fidélité.

Après une minute de silence, la secrétaire, Madame Marianne Welter-Heintzen ,a passé en revue les activités de 2023 : 20 portes ouvertes, 7 réunions de comité et environ 300 membres actifs.

Au programme de l'année 2024 figurent :
- La tournée de printemps (2 mai) ;
- La cuisson des gaufres (24 et 25 mai) ;
- La dégustation d'asperges (30 mai) ;
- Le voyage en Alsace (du 3 au 6 juin) ;
- La fête des mères et des pères (13 juin) ;
- La fête de la Saint-Nicolas et le marché de Noël (au mois de décembre).

Marcelle Rodesch-Schwartz, la trésorière, a pu confirmer la situation financière saine de l'association, confirmée par la réviseuse Tanja Bindels-Braun et le réviseur Roger May. Monsieur Roland Philippe va prendre la relève de Tanja Bindels-Braun.

Au nom de la commune de Feulen, Rajesh Etgen a mis en évidence l'importance de l'association notamment pour le vivre-ensemble au sein de la commune. Maud Dumay, représentante de l'association *Nordstad Aktiv + (Inter-Actions*) a souligné la richesse de l'offre d'activités pour les seniors et a mis en avant la possibilité de collaboration entre les différentes associations.

Finalement, la présidente a remercié Georges Fellens : Il est membre du comité depuis 2005. En sus d'un bouquet de fleurs et d'un cadeau, la présidente lui a souhaité de nombreuses années heureuses à venir au sein de l'association.
La 17e assemblée générale a été clôturée par un bretzel et une tasse de café.



Le comité de l'association « Déi Jonk vu gëschter » Feulen avec Georges Fellens :
Marianne Welter-Heintzen (vice-présidente et secrétaire) ; Léa Busto-Wingert ; Viviane Reinartz-Krack (présidente) ; Camille Braun ; Loni Reding-Gillen ; Fons Schmitz ; Marcelle Rodesch-Schwartz (trésorière) ; Aloyse Ottelé.

# Déi Jonk vu gëschter vu Feelen

## Rees op Ostende

**Vum 18. bis 21. September 2023**

2023 ass d'Rees op Ostende gaangen. Den 18. September war den Depart moies um 7 Auer mam Bus an Direktioun Baaschtnech.

No enger Kaffispaus zu Courrière goung d'Rees weider op Bruges. Do hate mir eng Visitt vun der Stad. Nomëttes goung et mat eisem Chauffer Chris weider op Ostende an den Hotel.

Dënschdes war den Dag zu Ostende zur fräier Verfügung.

Mëttwochs si mir op Knokke-Heist an op Sluis gefuer. Nom Mëttegiessen an engem Trëppeltour duerch d'Stad goung et zeréck an den Hotel.

Donneschdes war et de Retour iwwer Gent zeréck op Feelen. Well mir wéinst dem Schloereen d'Visitt vun der Stad an eng Faart mam Boot hu missen ofsoen, hu mir eis gemittlech op d'Heemrees gemaach.

## Voyage à Ostende

**Du 18 au 21 septembre 2023**

En 2023, nous avons pris la direction d'Ostende. Le départ en bus était le 18 septembre à 7 heures du matin en direction de Bastogne.

Après une courte pause à Courrière, le voyage s'est poursuivi jusqu'à Bruges. Nous avons visité la ville et ensuite, nous nous sommes dirigés vers Ostende et notre hôtel.

Le mardi était une journée libre à Ostende.

Le mercredi, nous sommes allés à Knokke-Heist et à Sluis. Après le déjeuner, nous avons fait le tour de la ville à pied. Ensuite, nous sommes retournés à l'hôtel.

Le jeudi, nous aurions dû faire une visite de la ville de Gand et un tour en bateau. Comme une tempête était annoncée, nous avons préféré faire tranquillement la route de retour.



# Den Dammekeeleclub vu Feelen

Wéi schonn um *Télévie* zu Mäerzeg an um Helperknapp hu mir eis engagéiert, fir eppes fir e gudden Zweck ze maachen.

Mir hu mat vill Succès Bakmëschungen, Wäffelcher, Zockerkichelcher, Bamkuch, Eisekuchen an Häerzform mat Äerdbier a Schlagsan an eise ganz bekannten Dickelchersdronk verkaaft.

Den *Dickelchersbal*, dee mir all Joer op Fuessonndeg ofhalen, war och dëst Joer erëm e vollen Erfolleg.



# Le club de quilles « Dammekeeleclub » de Feulen

A l'instar du *Télévie* à Mertzig et à Helperknapp, notre association a fait une fois de plus de la pâtisserie pour la bonne cause.

Nous avons vendu avec succès des mélanges à pâtisserie, des gaufres, de petits gâteaux et des gaufres en forme de cœur avec des fraises et de la chantilly, ainsi que notre fameuse boisson, le Dickelchersdronk.

Le bal populaire *Dickelchersbal*, organisé le dimanche de carnaval, a connu un grand succès.



# D'Feelener Musek 2023/2024




**6. Abrëll 2023**
Traditionellt Fëschiessen am *Hennesbau*

**6 avril 2023**
Fête du poisson au *Hennesbau* - une tradition !



**1. Mee 2023**
Den traditionelle Rendez-vous op dem *Bucheknapp* fir ze spillen, z'iessen, ze poteren, e Patt ze drénken, an e Meekranz ze maachen

**1er mai 2023**
Rendez-vous traditionnel au *Bucheknapp* pour faire de la musique, passer un bon moment et faire la couronne de mai



**24. Juni 2023**
Hämmelsmarsch zu Uewerfeelen

**24 juin 2023**
*Hämmelsmarsch* à Oberfeulen

# La fanfare de Feulen en 2023/2024



**15. Juli 2023**
Concert zu Veianen

**15 juillet 2023**
Concert à Vianden



**16. Juli 2023**
Concert zu Bäerdref

**16 juillet 2023**
Concert à Berdorf



**29. an 30. Juli 2023**
Hämmelsmarsch zu Welschent

**29 et 30 juillet 2023**
*Hämmelsmarsch*
à Welscheid

# D'Feelener Musek 2023/2024



**19. August 2023**
Hämmelsmarsch zu Nidderfeelen

**19 août 2023**
*Hämmelsmarsch* à Niederfeulen



**14. Oktober 2023**
Visitt vun der Schifergrouf, Iessen am *Mouton noir* zu Maartel a Besuch vum *Live-On-Stage* zu Pärel mat *Die Fexer*

**14 octobre 2023**
Visite du *Musée de l'Ardoise,* déjeuner au restaurant *Mouton noir* à Martelange et festival *Live-on-Stage* à Perlé avec *Die Fexer*



**25. November 2023**
Concert *PMD & Friends* vun der *Philharmonie Municipale Dikrech*

**25 novembre 2023**
Concert *PMD & Friends* de la *Philharmonie Municipale de Diekirch*

# La fanfare de Feulen en 2023/2024



**3. Dezember 2023**
Concert vun eisem Jugendensembel Chrëschtmaart a Besuch vum Kleeschen

**3 décembre 2023**
Marché de Noël et visite de Saint Nicolas avec concert de l'ensemble de jeunesse



**3. Dezember 2023**
Chrëschtmaart

**3 décembre 2023**
Marché de Noël







**10. Februar 2024**
Fueskichelcher bake mat eise passionéierten Hobbybäcker a -bäckerinnen

**10 février 2024**
Beignets de carnaval faits avec amour par nos pâtissiers et pâtissières en herbe

# D'Feelener Musek 2023/2024



**28. an 29. Mäerz 2024**
Vollen Asaz bei Fëschfest am *Hennesbau*

**28 et 29 mars 2024**
Des membres engagés/-ées lors de la fête des poissons au *Hennesbau*





**16. Mäerz 2024**
Galaconcert
Showconcert an zéngjärege Jubiläumsconcert vun eisem Dirigent Patrick Kim Wilhelm

**16 mars 2024**
Concert de gala
Concert spectacle et dixième anniversaire du chef d'orchestre Patrick Kim Wilhelm



**16. Mäerz 2024**
Galaconcert

**16 mars 2024**
Concert de gala

# D'Nidderfeelener Jongen 2023
# Les «Nidderfeelener Jongen» 2023



**1. Mee 2023**
Ausfluch op Remerschen mat Wäinschmaachen

**1er mai 2023**
Excursion à Remerschen avec dégustation de vin



**22. Juni 2023**
Virowend vun Nationalfeierdag beim *Hennesbau*

**22 juin 2023**
Veille de la Fête nationale au *Hennesbau*

# Déi Feelener Veräiner stelle sech vir

**Nei**
**Nouveau**

An dëser neier Rubrik ginn an all *Louschlëssel* e puer Veräiner virgestallt – mat deem wat si maachen a wat si hire Membere bidden. Hei kënnt Dir d'Veräiner aus dem Duerf besser kenneléieren, si nei oder erëm entdecken an, wie weess, Member ginn ...

Den Ufank maachen d'*Feelener Jugend*, d'*Nidderfeelener Jongen* an d'*Nordstadjugend*.

## D'Feelener Jugend

**Wie si mir?**

Mir sinn d'*Feelener Jugend.* Mir sinn, wéi den Numm et scho seet, e Veräin, fir déi Jonk aus dem Duerf zesummenzebréngen.

Eis Presidentin ass d'Lynn Rommes an d'Vize-Presidentin ass d'Sarah Stockreiser. Fir eng gereegelt Keess suergt d'Nina Breyer an eis Sekretärin, d'Liz André, këmmert sech ëm déi schrëftlech Aarbecht vum Veräin. Weider Memberen am Comité sinn d'Jo Jedrysiak, d'Mandy Rommes an d'Stéphanie Ferreira-Joly.

**Wou fannt Dir eis?**

Eise Clubsall ass zu Uewerfeelen bei där aler Kapell. Mir freeën eis, fir Iech hei kënnen ze ëmpfänken. D'Adress ass: 2 Place de la Chapelle, L-9179 Oberfeulen.

**Vu wéini u gëtt et eis?**

Gegrënnt goufe mir ganz rezent, den 20. November 2023, nodeems e puer Jonker aus dem Duerf sech zesummegesat hunn an entscheet hunn, dass zu Feelen e *Club des Jeunes* feelt, wou Jonker am Alter tëschent 16 a 40 kënnen zesummekommen an Zäit matenee verbréngen.

**Wat maache mir?**

Mir hëllefe bei Evenementer am Duerf, wéi zum Beispill beim *Feelener Treff*, oder bei der *Uewerfeelener Kiermes.* Mir treffen eis zemools de Weekend an eisem Sall, fir gemittlech Owender mateneen ze verbréngen. De Comité gesäit sech reegelméisseg an eemol am Joer hu mir eng Generalversammlung.



**Firwat lount et sech, fir bei eis ze kommen?**

D'*Feelener Jugend* soll dozou bäidroen, datt déi Jonk aus dem Duerf eng gemeinsam Plaz hunn, wou si sech kënnen treffen. Mir wäerte flott Evenementer organiséieren a vill zesummen ënnerhuelen; zum Beispill gi mir als Veräin op de *Landjugenddag*.

**Wéi kommt Dir un eis?**

Wann Dir interesséiert sidd, fir Member vun der *Feelener Jugend* ze ginn, da mellt Iech gäre bei eis. Dir fannt eis op *Instagram* ënnert dem Numm *Feelener Jugend*. Mir sinn awer och ënnert dëser E-Mail Adress z'erreechen: **feelenerjugend@gmail.com**.

Zéckt net a gitt Member bei der *Feelener Jugend*!

## D'Nidderfeelener Jongen

### Wie si mir?

Mir sinn d'*Nidderfeelener Jongen*. De Veräin gouf 1952 an der Zäit nom Krich gegrënnt, fir un déi gefale Jongen z'erënneren. Aktuell huet de Veräin ongeféier 50 Membe-ren. Mir organiséiere verschidde kulturell Evenementer am Duerf, virun allem eis traditionell *Nidderfeelener Kiermes,* déi ëmmer den drëtte Weekend am August ass.



### Wou fannt Dir eis?

Dir fannt eis an där aler Jongeschoul, op Nummer 25 an der Baaschtnecher Strooss zu Nidderfeelen.



### Vu wéini u gëtt et eis?

Gegrënnt goufen déi *Nidderfeelener Jongen* 1952. Den 11. Juni 1998 krute mir eist Veräinslokal. Zanter 2009 si mir eng Asbl.

### Wat maache mir?

Mir maache bei enger ganzer Rëtsch vu Manifestatiou-nen a Festivitéiten am Laf vum Joer mat, ënnert anerem um Virowend vun Nationalfeierdag, op der Kiermes zu Nidderfeelen, oder bei der Grousser Botz. Och hu mir gutt Relatioune mam Kleeschen, deen am Dezember owes bei d'Kanner heem kënnt.

De Comité trëfft sech eemol am Mount fir eng Versammlung.

### Firwat lount et sech, fir bei eis ze kommen?

Mir sinn e Veräin vu Jonggesellen. Mir sinn op zimmlech all Evenement am Duerf present an organiséieren och selwer Evenementer, déi fir en aktiivt Duerfliewe suergen.

### Wéi kommt dir un eis?

Eise President ass de Nicola Steffen. De Simon Dubos ass de Sekretär vun den *Nidderfeelener Jongen*. Erreechbar si mir ënnert der Email-Adress **nfjongen@gmail.com**.

## D'Nordstadjugend

### Wie si mir?

D'*Nordstadjugend* besteet aus verschiddene Servicer, déi sech u Jonker tëschent 12 a 26 Joer riichten. Eist peda-gogescht Personal bitt Animatioun, Informatioun, Treff-punkten, Berodung, Preventioun an Interventioun bei Wunnengsnout un. Mir schaffe fir 14 Partnergemengen a mir si konventionéiert mam Ministère fir Educatioun, Kan-ner a Jugend.

Weider Informatioune fannt Dir op **www.nordstadjugend.lu**.



### Wou fannt Dir eis?

Eis gëtt et esouwuel zu Ettelbréck wéi zu Dikrech.

## Vu wéini u gëtt et eis?




## Wat maache mir?

An eisen zwee Jugendhaiser an dem Regionale Jugendservice gi reegelméisseg Aktivitéiten ugebueden, wéi ënnert anerem Sport-, Spill-, Konscht-, Kachaktivitéiten a kulturell Aktivitéiten, awer och Ausflich, Kolonien a Vakanzen. Et ginn och Preventiouns-Workshoppen, Berodung a Begleedung fir déi Jonk ugebueden; dëst nach méi intensiv an eisem Jugendinfopunkt a vum Service *Outreach*. Doniewent gëtt et eng Rei gréisser Projeten an och international Erasmus+ Projeten. D'Nordstadjugend forméiert ausserdeem Animateuren a Babysitteren. De Service *Jugendwunnen* bitt Jonke vun 18 Joer un, déi an enger Wunnengs-Noutsituatioun sinn, un, fir zu engem reduzéierte Loyer kënne fir eng limitéiert Zäit an enger klenger Wunneng ze wunnen.



Mir lauschteren deene Jonken no a probéiere mat hinnen zesummen, fir hir Iddien op spilleresch a flott Aart a Weis ëmzesetzen. Bei der *Nordstadjugend* ass all Jonken tëscht 12 a 26 Joer wëllkomm.




## Wéi kommt Dir un eis?

Fir méi Informatiounen, schreift eis op **koordinatioun@nordstadjugend.lu** oder rufft eis un: 80 91 65-21/22/23. Méi Informatioune fannt Dir op **nordstadjugend.lu**.

## Firwat lount et sech, fir bei eis ze kommen?

D'*Nordstadjugend* ënnerstëtzt dee Jonke fir autonom, responsabel, kritesch, kreativ a solidaresch ze sinn a sech wuel a senger Haut ze fillen.

# Les associations de Feulen se présentent !

Cette nouvelle rubrique a été créée afin de présenter, dans chaque édition du Louschlëssel, une ou plusieurs associations de Feulen. C'est l'occasion de faire ou de refaire connaissance et, qui sait, de devenir membre d'un de ces clubs.
Dans cette édition, l'association des jeunes, la *Feelener Jugend,* l'association Nidderfeelener Jongen et l'association de jeunesse de la Nordstad, se présentent.

*Nei*
*Nouveau*

## L'association des jeunes de Feulen, la « Feelener Jugend »

**Qui sommes-nous ?**

La *Feelener Jugend* vise, comme son nom l'indique, les jeunes de Feulen. Lynn Rommes est la présidente de l'association et Sarah Stockreiser la vice-présidente. Les fonctions de trésorière et de secrétaire sont assurées respectivement par Nina Breyer et Liz André. Le comité est complété par Jo Jedrysiak, Mandy Rommes et Stéphanie Ferreira-Joly.

**Où nous trouver ...**

Nous vous accueillons dans les localités de l'ancienne école à Oberfeulen, 2 place de la Chapelle.

**Quand le club a-t-il été créé ?**

La *Feelener Jugend* est une association assez jeune qui a été créée le 20 novembre 2023 par quelques jeunes du village qui ont voulu réaliser un espace de rencontres pour jeunes entre 16 et 40 ans.

**Quelles sont nos activités ?**

Nous sommes présents lors des événements organisés par la commune, comme le *Feelener Treff*. Un autre événement majeur est la kermesse d'Oberfeulen que nous organisons ensemble avec d'autres acteurs. Nos rencontres ont lieu le week-end dans notre salle de réunion. Les membres du comité se réunissent à des intervalles réguliers ; l'assemblée générale à l'attention de tous les membres se tient annuellement.



**Pourquoi adhérer à notre association ?**

L'association des jeunes *Feelener Jugend* est un espace de rencontres pour tous les jeunes du village. Nous organisons un grand nombre d'événements et d'activités, comme la participation au Landjugenddag.

**Comment nous contacter ?**

Si tu es intéressé/-e par notre club, n'hésites pas à nous contacter. Tu nous trouves sur Instagram @Feelener Jugend ou tu peux nous joindre par mail : **feelenerjugend@gmail.com**

N'hésites pas à devenir membre !

## L'association « Nidderfeelener Jongen »

**Qui sommes-nous ?**

Nous sommes les *Nidderfeelener Jongen*, une association fondée en 1952 en souvenir des jeunes hommes de Feulen morts pour la patrie. Notre club compte actuellement 50 membres.



Nous organisons divers événements culturels dans notre commune comme, par exemple, la traditionnelle kermesse de Niederfeulen, le troisième week-end du mois d'août.

**Où nous trouver ...**



Notre association a son siège dans l'ancienne école des garçons, 25 route de Bastogne à Niederfeulen.

**Quand le club a-t-il été créé ?**

Le club a été créé en 1952. Le 11 juin 1998, la salle de réunion actuelle a été mise à notre disposition. En 2009, les *Nidderfeelener Jongen* ont eu le statut d'une association sans but lucratif.

**Quelles sont nos activités ?**

À part nos réunions mensuelles en comité, nous organisons ou participons à bon nombre de manifestations, notamment la veille de la Fête nationale, la kermesse à Niederfeulen ou la *Grouss Botz*. Grâce aux bonnes relations que nous entretenons avec Saint Nicolas, nous l'aidons à organiser des visites à domicile au cours du mois de décembre.

**Pourquoi adhérer à notre association ?**

Les membres de notre association sont des célibataires. Nous sommes présents à presque tous les événements du village et nous nous engageons de façon active pour rendre et garder la commune vivante.

**Comment nous contacter ?**

Le président de notre association, c'est Nicola Steffen. Simon Dubos en est le secrétaire. Nous sommes joignables à l'adresse emai : **nfjongen@gmail.com**.

## L'association « Nordstadjugend »

**Qui sommes-nous ?**


L'association *Nordstadjugend* offre différents services aux jeunes entre 12 et 26 ans. Notre équipe éducative propose des animations, des moments de rencontre, des conseils, des actions de prévention et même des logements en cas de problèmes. Nous travaillons en partenariat avec 14 communes et nous sommes conventionnés avec le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Pour plus d'informations, nous vous invitons à visiter notre site **www.nordstadjungend.lu.**



**Où nous trouver ...**

L'association *Nordstadjugend* a des sièges à Ettelbruck et Diekirch.

### Quand le club a-t-il été créé ?




### Quelles sont nos activités ?

Des activités sportives, ludiques, artistiques, culinaires et culturelles sont régulièrement proposées dans nos deux maisons de jeunes et au service régional des jeunes.

Nous organisons également des excursions et des colonies de vacances. Nous proposons des ateliers de prévention ainsi qu'un service de conseil et d'accompagnement pour les jeunes dans nos points d'information et nos services de proximité. En outre, un certain nombre de projets plus importants comme des projets internationaux Erasmus + sont également proposés.

Nous offrons des formations de babysitter et d'animateur. Nous offrons un service logement pour les jeunes à partir de 18 ans en situation d'urgence. Les logements sont à disposition pour un loyer réduit pendant un temps limité.






### Pourquoi adhérer à notre association ?

La *Nordstadjugend* aide les jeunes à devenir autonomes, responsables, critiques, créatifs, solidaires. Nous sommes à l'écoute des jeunes et nous essayons de mettre leurs idées en œuvre de manière ludique.

### Comment nous contacter ?

Pour plus d'informations, veuillez nous contacter par mail à l'adresse **coordinatioun@nordstadjugend.lu** ou par téléphone au numéro 809165-21/22/23.

# Noperschaftsfest Op Hopericht
# Fête des voisins « Op Hopericht »

**24. Juni 2023**

Am Kader vun der weltwäiter Aktioun *Fête des voisins* huet och 2023 rëm d'Noperschaftsfest *Op Hopericht* stattfonnt. Gefeiert gouf bei engem gemittlechen Iessen an engem gudde Patt.

Well d'Fest op de Weekend vun der Uewerfeelener Kiermes gefall ass, ware mir frou, datt d'Feelener Musek hiren traditionelle Kiermesconcert am *Neie Wee* gespillt huet. Zesumme mat all de Leit konnte mir dëse schéinen Dag bei flotter Musek ausklénge loossen.

**24 juin 2023**

Dans le cadre de l'action internationale « fête des voisins », les habitants/-es de la cité *Op Hopericht* se sont réunis le 24 juin 2023 autour d'un bon repas et d'un bon verre.

Comme l'événement coïncidait avec la kermesse d'Oberfeulen, nous avons pu assister au concert joué par la Fanfare de Feulen. Rien de tel que de finir une journée conviviale avec de la bonne musique !











# Bike4all

17. September 2023

17 septembre 2023








# Ausstellung

## D'Feelener Leit an hir Hobbyen

**Vum 29. September bis den 1. Oktober 2023**

No enger längerer Paus gouf zu Feelen nees d'Ausstellung *D'Feelener Leit an hir Hobbyen* vun der Kulturkommissioun Feelen organiséiert.

D'Ausstellung ass eng flott Geleeënheet fir Feelener Leit, fir hiren Hobby virzestellen, hir Aarbechten ze weisen oder hir Wierker engem interesséierte Public ze verkafen.

Vum 29. September bis 1. Oktober konnten d'Wierker vun néng Feelener Aussteller an Ausstellerinnen op zwou Etagen am *Hennesbau* bewonnert ginn.

# Exposition

## Les habitants de Feulen et leurs loisirs

**Du 29 septembre au 1er octobre 2023**

Après une longue pause, la commission de la culture de Feulen a pu organiser à nouveau l'exposition *Les habitants de Feulen et leurs loisirs*.

Du 29 septembre au 1er octobre, neuf exposants et exposantes ont présenté et vendu leurs ouvrages, répartis sur les deux étages du *Hennesbau*.



▶ Arnaldo Da Silva Rocha, Monique Philippe, Liliane Jungblut, Tanja Bindels-Braun, Nathalie Faber-Daubach, Yolande Steffen, Jean-Marie Magerotte, Romy Kayser-Werner, Gaby Georges-Kraus.



Tanja Bindels-Braun





Arnaldo Da Silva Rocha





Nathalie Faber-Daubach





Gaby Georges-Kraus





Liliane Jungblut





Romy Kayser-Werner





Jean-Marie Magerotte





Monique Philippe





Yolande Steffen



Ganz vill Leit vu Feelen an Ëmgéigend haten de Wee an den *Hennesbau* fonnt. D'Aussteller an d'Ausstellerinne ware méi wéi zefridden. Mat Kaffi a Kuch hunn déi *Jonk vu gëschter* fir Gesellegkeet gesuergt.

De nombreux habitants et habitantes de la commune et de la région étaient au rendez-vous. Les exposants et les exposantes étaient ravi(e)s de l'intérêt porté à leurs travaux et des ventes effectuées. L'association *Déi Jonk vu gëschter* a offert du café et des gâteaux.







**D'Membere vun der Kulturkommissioun 2023**

Viviane Reinartz-Krack
Marco Melsen
Marcelle Rodesch-Schwartz
Marianne Welter-Heintzen
Nadine Schreiner-Bachstein
Fons Schmitz

Fotoen an Text: Nadine Schreiner-Bachstein
Photographies et texte : Nadine Schreiner-Bachstein

# Journée du Grand Âge

## Grouss Gebuertsdagsfeier am Hennesbau

## Célébration des anniversaires au Hennesbau

**22. Oktober 2023**

Zesumme mam Veräin *Déi Jonk vu gëschter* huet de Schäffen- a Gemengerot vu Feelen d'Biergerinnen an d'Bierger aus der Gemeng am Pensiounsalter mat hire Partnerinnen a Partner op d'*Journée du Grand Âge* invitéiert. Ënnert den 130 Leit kruten d'Jubilaren e klenge Kaddo iwwerreecht.

- Fir 70 Joer: Edgar Schintgen, Armand Anthon, René Brachmann, Sylvie Bache-Marnach, Pierre Reinartz, Wilma Schaltz-Peters, Roger Philippe, Stefano Busto, Marguerite Antony-Bodeving a Roger Claus;
- Fir 75 Joer: Ginette Fellens-Kirch, Edouard Bache a Fernande Bormann-Kayser;
- Fir 80 Joer: Georgette Link-Corbin, Marguerite;
- Winandy-Lentz, Laure Jedrysiak-Wantz a Joseph Kips;
- Fir 85 Joer: Paul Heinrich;
- Fir 90 Joer: Marguerite Schneider-Schleimer;
- Fir hir gëllen Hochzäit: Jean-Marie Bormann a Fernande Kayser;
- Fir hir diamanten Hochzäit: Paul Heinrich a Julie Mathias; Jean-Pierre Winandy a Marie Lentz.

**22 octobre 2023**

Le conseil communal, en collaboration avec l'association *Déi Jonk vu gëschter* a invité les citoyennes et citoyens de la commune ayant atteint l'âge de la retraite à la *Journée du Grand Âge.* Parmi les 130 personnes présentes, les jubilaires suivants ont reçu un cadeau.

- 70 ans : Edgar Schintgen, Armand Anthon, René Brachmann, Sylvie Bache-Marnach, Pierre Reinartz, Wilma Schaltz-Peters, Roger Philippe, Stefano Busto, Marguerite Antony-Bodeving et Roger Claus ;
- 75 ans : Ginette Fellens-Kirch, Edouard Bache et Fernande Bormann-Kayser ;
- 80 ans : Georgette Link-Corbin, Marguerite Winandy-Lentz, Laure Jedrysiak-Wantz et Joseph Kips ;
- 85 ans : Paul Heinrich ;
- 90 ans : Marguerite Schneider-Schleimer ;
- Noces d'or : Jean-Marie Bormann et Fernande Kayser ;
- Noces de diamants : Paul Heinrich et Julie Mathias, Jean-Pierre Winandy et Marie Lentz.



# Chrëschtconcert 2023

Fotoen: Gary Hess
Text: Nadine Schreiner-Bachsteinn

**10. Dezember 2023**

De *Quatuor de saxophones du Luxembourg* huet de Public op engem verreente Sonndegmëtteg mat engem Concert an enger festlech geräschter Porkierch zu Uewerfeelen an d'Stëmmung vu Chrëschtdag versat. Organiséiert gouf de Concert vun der Kulturkommissioun vu Feelen.



▶ ***Quatuor de saxophones du Luxembourg:***
Guy Goethals, Saxophone Soprano;
Leana Sealy, Saxophone Alto;
Paul Origer, Saxophone Tenor;
Roland Schneider, Saxophone Baryton.

Um Programm stounge klassesch Wierker awer och Chrëschtmusek. De Concert huet mat enger ganz schéiner a festlecher Ouverture, der "Arrivée de la Reine de Saba" vum G. F. Händel ugefaangen. Beim Stéck "What child is this?" vum L. Niehaus gouf et schéin Dialogen tëschent deenen eenzelne Saxophone. Genee wéi och am "Recitation Book" vum D. Maslanka, mat engem waarme Klang mat verschiddene Soloe vu deene verschiddene Saxophonen.



Ganz gutt gefall hunn d'Chrëschtlidder "Hark the Herald Angels Sing" an "O Holy Night".



Bei "Variations Saxophoniques" vum F. Decruck konnten déi véier Solisten technesch weisen, wat mat hiren Instrumenter alles méiglech ass. Si hu méi wéi iwwerzeegt!





Een Highlight vum Concert war sécher "Andante du quatuor n.1" vum P. Tchaikovsky. Mat weidere *Christmas Carols* "Angels We Have Heard on High", "Away in a Manger" an "The first Noël" hunn déi véier Saxophonisten eng besënnlech Chrëschtstëmmung ënnert dem Chrëschtbeemchen an niewent der Kréppchen an der Porkierch gezaubert.

No engem méi wéi verdéngten Applaus huet de *Quatuor de Saxophones du Luxembourg* "Joy to the World" als Zugab gespillt an domat Fridden a Freed mat op de Wee ginn.



Nom Concert war eng Quête fir *SOS Kannerduerf* vu Miersch. Esou konnt dee musikalesche Genoss vum Concert am Sënn vu Solidaritéit fir Chrëschtdag mat enger Spend weidergereecht ginn.

# Concert de Noël 2023

**10 décembre 2023**

Le dimanche, 10 décembre 2023, le *Quatuor de saxophones du Luxembourg* a donné un Concert de Noël à l'église paroissiale d'Oberfeulen. Ce concert a été organisé par la commission de culture de la commune de Feulen.



▶ *Quatuor de saxophones du Luxembourg* :
Guy Goethals, saxophone soprano ;
Leana Sealy, saxophone alto ;
Paul Origer, saxophone tenor ;
Roland Schneider, saxophone baryton.

Le programme comprenait des morceaux classiques ainsi que des pièces musicales de Noël.

Le concert a débuté avec l'ouverture festive « Arrivée de la Reine de Saba » du compositeur G. F. Händel. Le morceau « What child is this ? » de L. Niehaus donnait la place au dialogue entre différents saxophones. Dans « Recitation book » de D. Maslanka, l'audience a pu apprécier des solos de saxophone émouvants.



Les morceaux de Noël « Hark the Herald Angels Sing » et « O Holy Night » ont été accueillis chaleureusement.



La composition « Variations Saxophoniques » de F. Decruck donnait l'occasion aux quatre solistes de montrer leur savoir-faire ; ils ont été plus que convaincants !





« Andante du quatuor n.1 » de P. Tchaikovsky constituait un moment fort du concert.

Avec les morceaux « Angels We Have Heard on High », « Away in a Manger » et « The First Noël », les musiciens ont su replonger les spectateurs dans une ambiance de Noël. Après des applaudissements bien mérités, le quatuor a entamé « Joy to the World ».



Après le concert, une collecte pour *SOS Kannerduerf* de Mersch a permis de relier plaisir et solidarité.

Photos : Gary Hess
Texte : Nadine Schreiner-Bachsteinn

# Wanterwanderung

4. Februar 2024

# Randonnée hivernale

4 février 2024



























# Buergbrennen

**17. Februar 2024**

# Fête des brandons

**17 février 2024**












# Grouss Botz

**23. Mäerz 2024**



# Nettoyage de printemps

**23 mars 2024**



# Relais pour la vie

**24. Mäerz 2024**







# Relais pour la vie

## 24 mars 2024











**De *Louschlësselchen*: Fir Kanner a Jonker vu Kanner a Jonken**

De *Louschlësselchen* gëtt et jo schonn e bësse méi laang. Nei ass awer, datt vun elo un och **Kanner fir Kanner** schreiwen.

Den Ufank mécht de Cycle 4. D'Schülerinnen an d'Schüler weisen lech, wat si an deene leschte Wochen a Méint vum Schouljoer 2023/2024 gemaach hunn. Dir wäert gesinn: Hei war richteg vill lass.

Loosst lech iwwerraschen!

# Spillen a Léieren am Cycle 4



Am Kader vum Programm **ORIKA** (*Orientatioun fir Kanner*) hunn d'Kanner aus dem Cycle 4.2 d'Lycéeën aus der *Nordstad* besicht. A verschiddenen Ateliere krute si déi schoulesch Offer gewisen an erkläert.

Dans le cadre du programme **ORIKA** (*Orientatioun fir Kanner*), les enfants du cycle 4.2 ont visité les lycées de la *Nordstad*. Lors de différents ateliers, l'offre scolaire leur a été présentée et expliquée.





Nei
Nouveau

# Jouer et apprendre au cycle 4

**Le *Louschlësselchen*: Fait pour les enfants et les jeunes par des enfants et des jeunes !**

Le *Louschlësselchen*, c'est le coin lecture pour enfants et jeunes. Dorénavant, ce seront des jeunes qui vont écrire pour des jeunes.

Commençons par le cycle 4. Les élèves nous font découvrir les activités des derniers mois de l'année scolaire 2023/2024. Il y a beaucoup à voir.

Laissez-vous surprendre !

Am ***BE-HAPPY-Workshop*** vun der *Nordstadjugend asbl*. stoungen d'Theme "Freed" a "Gléck" am Mëttelpunkt.

L'atelier ***BE-HAPPY***, organisé par la *Nordstadjugend asbl*. a mis les thème de la « joie » et du « bonheur » au centre d'intérêt.









D'Kanner aus der Klass vum Lex Reckinger an Nadine Wilmes hu groussformateg Biller am Stil vum amerikanesche Pop-Art-Kënschtler ***Keith Haring*** gemoolt.

Les élèves de la classe de Lex Reckinger et de Nadine Wilmes ont réalisé des tableaux à taille réelle à la façon de l'artiste américain Pop Art ***Keith Haring***.








***Robotec-Atelier*** **am** ***Parc Housen***: Ënnert der Uleedung vum Här Fern Barbel hunn d'Kanner op eng spilleresch Aart a Weis geléiert, wéi ee verschidde Robotere ka codéieren a programméiere fir duerno bestëmmten Aufgaben ze léisen.

L'***atelier Robotec*** au ***Parc Hosingen***: Grâce à M. Fern Barbel, les élèves ont appris de manière ludique à coder et à programmer différents robots afin qu'ils effectuent certaines tâches.






D'Klassen aus dem Cycle 4 hu vum wanterleche Wieder profitéiert, fir **Schlitt fueren** ze goen.

Les élèves du cycle 4 ont profité des conditions neigeuses pour **faire de la luge**.





No den *Épreuves communes* hunn d'Kanner sech bei engem selwer preparéierte **Moiesiesse** gestäerkt.

Après les épreuves communes, les élèves ont préparé ensemble un **petit déjeuner** revigorant.









Och dëst Joer ass am Cycle 4 nees am Kader vum Virliesconcours de beschte Virlieser gesicht ginn.

Cette année encore, le meilleur lecteur a été recherché lors du concours de lecture.



An ***Zirkus-Atelieren*** bereeden d‘Kanner sech op d‘Schoulfest am Juli vir.

Les élèves apprennent différentes ***disciplines de cirque*** afin de créer des ateliers pour la fête de l’école.











Wie kennt se net? Dem Vanessa seng wonnerschéi Blummenarrangementer a Bouqueten, déi mat vill Knowhow, Léift a Kreativitéit gemaach sinn a schonn esou muncht Fest zu Feelen verschéinert hunn?

An dëser neier Rubrik *Flower Power by Vanessa* kritt Dir d'Méiglechkeet, dem Vanessa seng Kreatiounen doheem nozemaachen. Hei ass awer och d'Plaz, wou Dir praktesch Tipps vun der Fachfra an Äntwerten op Är Froe ronderëm Blummen a Planze kritt.

**Zéckt net, fir eis Är Froen op louschlëssel@feulen.lu eranzeschécken ënnert dem Stéchwuert "Eng Fro fir d'Vanessa".**

# Flower Power by Vanessa

N
Nouv

## En zäitlose Klassiker

Den Ufank mécht e Bouquet mat véier Zorte Blummen, deen iwwerall hi passt a bestëmmt ëmmer Freed mécht, ob als Kaddo fir e léiwe Mënsch oder fir Iech selwer.

Wann Iech dëse Bouquet gefält, kënnt Dir e mat wéinege Mëttelen nomaachen.

**Dir braucht:**

- 5 Rousen;
- 5 Oeilleten "Caramel" (oder eng aner Faarf);
- 5 Gerbraen "Spider" (oder eng aner Faarf);
- 5 Äscht Gypsophile;
- 4 bis 5 Aralia Blieder;
- 5 bis 7 Asparagus Stiller;
- Gäertner-Bast.

**Esou geet et:**

- Schneit d'Stiller vun de Blumme mat engem schaarfe Knäip schif of, fir datt si méi Waasser kënnen ophuelen.
- Haalt de Still vun där éischter Blumm senkrecht.
- Haalt déi nächst ëmmer liicht horizontal/waagerecht an dréint de Bouquet an engems an der Hand. Esou weisen d'Blummen a verschidde Richtungen.
- Bannt dat Ganzt zum Schluss mat Bast zesummen, fir datt et gutt hält.

Fäerdeg ass de Bouquet!


Rous


Oeillet


Gerbera


Gypsophile


Aralia


Asparagus


Bast





### Eng Fro, eng Äntwert !

- **Wat kann ech maachen, fir datt e Bouquet méiglechst laang frësch bleift?** Setzt de Bouquet an eng Vas mat wotlechem Waasser. Maacht eng Dréps Spullmëttel an d'Waasser dobäi.
- **Wouru gesinn ech, datt d'Blumme frësch sinn?** Frësch Schnëttblummen erkennt een un hiren donkelgrénge Blieder an hirem feste Still.

ei
veau

FLOWER POWER BY VANESSA

Qui ne les connaît pas ? Les magnifiques créations florales et les bouquets de fleurs de Vanessa, faits avec beaucoup d'amour, de créativité et de savoir-faire et qui embellissent les fêtes officielles de la commune ?

Dans sa nouvelle rubrique *Flower Power by Vanessa*, l'experte vous donne la possibilité de reproduire ses créations. Mais il y a aussi de la place pour des conseils pratiques et des réponses à vos questions sur l'entretien des fleurs et des plantes.

**N'hésitez pas à envoyer vos questions à l'adresse louschlëssel@feulen.lu en mentionnant « une question pour Vanessa ».**



**Une question, une réponse !**

- **Que puis-je faire pour que mon bouquet de fleurs reste frais le plus longtemps possible ?** Mettez-le dans un vase rempli d'eau tiède et ajoutez une goutte de produit pour la vaisselle.
- **Comment puis-je reconnaître des fleurs fraîches?** On reconnaît les fleurs coupées fraîches à la couleur vert foncé des feuilles et à la fermeté de la tige.



Rose



Oeillets



Gerbera



Gypsophile



Aralia



Asperge falcatus



Ficelle de jardinier



## Un classique intemporel

Allons commencer par un bouquet de fleurs avec quatre variétés de fleurs. Il convient partout et fait toujours plaisir, que ce soit comme cadeau pour un être cher ou pour soi-même.

Si ce bouquet de fleurs vous plaît, vous pouvez le réaliser facilement vous-même avec peu de moyens.

**Vous aurez besoin de :**

- 5 roses ;
- 5 œillets « caramel » ou d'une autre couleur ;
- 5 gerberas « spider » ou d'une autre couleur ;
- 5 branches de gypsophile ;
- 4 à 5 feuilles d'aralia ;
- 5 à 7 tiges d'asparagus ;
- Ficelle de jardinier.

**Comment faire ?**

- Coupez les tiges des fleurs en biais avec un couteau bien aiguisé. Ainsi, les fleurs peuvent absorber plus de l'eau.
- Tenez la première tige verticalement.
- Ajoutez chaque tige en la tenant toujours légèrement en diagonale et en changeant à chaque fois de direction.
- Liez le bouquet avec de la ficelle.

Le bouquet est prêt !

# De “Wëlldéier Drop-off”

## Engem Déier an Nout hëllefen

**Firwat gëtt et de *Wëlldéier Drop-Off*?**

Säit 1988 gëtt et zu Diddeleng eng Fleegestatioun fir wëll Déieren. Hei gi krank oder blesséiert Déieren, Déieren, déi nach jonk sinn an hir Mamm verluer hunn, awer och beschlagnaamt Déiere behandelt, fir si am beschte Fall nees auszewëlderen. Dozou gehéieren z.B. Fiiss, Réi, Kéiseker, Kaweechelcher, Eilen/Vigel awer och Reptilie wéi Echsen a Schlaangen.

Et kann een an der Fleegestatioun 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 en Déier ofginn, dat ee fonnt huet an dat Hëllef brauch.

**Well Diddeleng awer, jee nodeems wou ee wunnt, wäit ewech ass, sinn 2018 a Kooperatioun mat dem CGDIS zousätzlech dräi sougenannte *Wëlldéier Drop-off* Plazen uechtert d‘Land ageriicht ginn: Zu Clierf, zu Gréiwemaacher an zu Nidderfeelen.**

Vun der Aweiung am Joer 2018 bis de Januar 2024 goufen zu Nidderfeelen insgesamt scho 779 Déieren ofginn, deenen esou gehollef konnt ginn.

**Wou ass de *Wëlldéier Drop-off?***



Dir fannt en op Nummer 25, rue de la Wark, L-9175 Nidderfeelen, op dem Parking vis-à-vis vun der Pompjeesschoul, hannert de Garagen.



**Schrëtt fir Schrëtt: Wéi funktionéiert de *Wëlldéier Drop-off*?**

- Dir gitt mat deem blesséierte/kranken Déier bei den *Drop-off*, dee 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg accessibel ass!




- D’Dir ass ëmmer zougespaart. Dir rufft d’Telefonsnummer un, déi op dem Container steet.
- Dir kritt ee Code gesot. Mat dësem Code maacht Dir de Container op a gitt eran.
- D‘Fleegestatioun zu Diddeleng gëtt elo automatesch informéiert a këmmert sech drëms, datt eng Persoun d’Déier siche kënnt.
- Dir sollt awer am beschten nach eng Sproochnoriicht hannerloossen, fir datt d’Fleegestatioun weess, wat fir een Déier muss transportéiert ginn.
- Dir fannt Boxe/Käfeger a verschiddene Gréisste fir d’Déier dranzeleeën.
- Zum Schluss fëllt Dir op der Plaz nach e Formular aus (Dir gitt ë.a. Är Donnéeë gefrot, am Fall wou d’Fleegestatioun vun Diddeleng Iech misst kontaktéieren).
- Wann Dir wëllt wëssen, wéi et dem Déier geet, da kënnt Dir eng E-Mail maachen op: **centredesoins@ne-cds.lu**.

**Nach e puer wichteg Verhalensreegelen:**

- Bleift roueg a bréngt Iech nimools selwer a Gefor, zum Beispill duerch de Stroosseverkéier.
- Paakt e wëllt Déier nëmmen dann un, wann Dir sécher sidd, datt et wierklech Hëllef brauch.
- Versicht de Stress vum Déier ze reduzéieren, andeems Dir et roueg an enger däischterer Këscht transportéiert.
- Gitt dem Déier näischt ze friessen oder ze drénken a gitt him och keng Medikamenter.
- Huelt d’Déier net mat heem, mee bréngt et direkt an esou séier wéi méiglech an den *Drop-off*.

**Quellen a weider Informatiounen:**

- Natur an Ëmwelt Fleegestatioun fir wëll Déieren a.s.b.l **centredesoins.lu**;
- Gemeng Feelen **feulen.lu/welldeier-drop-off/**.

# « Drop-off » pour animaux sauvages

## Aider un animal en détresse

**Pourquoi existe-t-il un *Wëlldéier Drop-off* ?**

Depuis 1988, il existe une station de soins pour animaux sauvages à Dudelange. Celle-ci prend soin des animaux malades ou blessés, des jeunes orphelins, mais aussi d'animaux qui ont été saisis, en vue de les réintégrer dans leur milieu d'origine. Il s'agit p. ex. de renards, chevreuils, hérissons, écureuils, hiboux/oiseaux, mais aussi de reptiles comme des amphibiens ou des serpents.

Au centre des soins à Dudelange, vous pouvez déposer les animaux qui ont besoin d'aide 24 heures sur 24 et 7 jours sur 7.

**Étant donné que Dudelange se trouve à une certaine distance, trois stations supplémentaires ont été installées en 2018 en coopération avec le CGDIS : les *Wëlldéier Drop-off* à Clervaux, Grevenmacher et Niederfeulen.**

Depuis son inauguration en 2018 et jusqu'en janvier 2024, 779 animaux ont été déposés à Niederfeulen.

**Où se trouve le *Wëlldéier Drop-off* de Niederfeulen ?**



Le *Wëlldéier Drop-off* se trouve au numéro 25, rue de la Wark à L-9175 Niederfeulen, au parking vis-à-vis de l'école du CGDIS, derrière les garages.



**Comment le *Drop-Off* fonctionne-t-il ?**

- Vous vous rendez au *Drop-Off* avec l'animal malade/blessé (le *Drop-Off* est accessible 24/24 heures et 7/7 jours).




- La porte étant toujours fermée, vous devez appeler le numéro de téléphone qui se trouve sur le conteneur. Vous allez recevoir un code d'accès pour ouvrir le conteneur.
- La station à Dudelange est automatiquement avertie et s'occupe du suivi de la prise en charge de l'animal. Toutefois, il est recommandé de laisser un message (SMS) afin que la station puisse savoir quel animal doit être enlevé.
- Vous trouvez dans le conteneur des récipients/caissons de différentes tailles pour déposer l'animal.
- Avant de sortir, vous remplissez un formulaire en indiquant vos coordonnées au cas où la station souhaiterait prendre contact.
- Si vous souhaitez vous renseigner sur le bien-être de l'animal, vous pouvez envoyer un courriel à **centredesoins@ne-cds.lu.**

**Quelques règles de conduites importantes**

- Restez calme et ne vous mettez jamais en danger, p.ex. par la circulation routière.
- Touchez uniquement un animal si vous êtes sûr/-e qu'il a vraiment besoin d'aide.
- Tâchez de réduire le stress de l'animal en le transportant dans un environnement calme et sombre.
- Ne donnez rien à manger ni à boire à l'animal et ne lui donnez pas de médicaments.
- N'emmenez pas l'animal chez vous mais emmenez-le directement au *Drop-off*.

**Sources et informations supplémentaires**

- Natur an Ëmwelt Statioun de soins pour animaux sauvages asbl.: **centredesoins.lu.**
- Commune de Feulen : **https://feulen.lu/welldeier-drop-off/**.

# Kulturrees bei d'Friesen

## Vum 27. bis 30. Oktober 2023

De 27. Oktober moies fréi huet de Chris, eisen hauseegene Feelener Chauffer, mam Bus bei der Nidderfeelener Primärschoul op eis gewaart. Pénktlech ëm 6 Auer goung et lass, duerch d'Äifel an duerch d'Ruhrgebitt bis op **Deventer**, eng vun deenen eelste Stied an Holland.

No engem gemittleche Spadséiergang bis an d'Alstad, wou mir zu Mëtteg giess hunn, si mir weider gefuer op **Leeuwarden**, Europäesch Kulturhaaptstad 2018.

Deen zweeten Dag goung et virun op **Noardburgum**, wou mir den traditionelle Familljebetrib, d'*Scherjon's Klompenmakerij*, besicht hunn. Nieft der Visitt vum Atelier konnte mir am Musée d'Entwécklung vum Holzschong vu fréier bis haut gesinn.

Uschléissend si mir weider op **Dokkum** gefuer, déi nërdlechst Stad an Holland an e Wallfaartsuert. Vun hei aus huet de Benediktinermënch Bonifatius mam Missiouns-Äerzbëschof Willibrord ëm 716 Friesland evangeliséiert.

Nom Mëttegiessen an engem Spadséiergang duerch Dokkum si mir zeréckgefuer op **Leeuwarden**. Hei hu mir dee romantesche mëttelalterlechen Zentrum, de stäreförmege *Grachtengürtel* an de spéitgoteschen Tuerm *De Oldehove* besicht. Dëse gëtt och nach den "Tuerm vu Pisa an Holland" genannt.

Den drëtten Dag si mir mam Bus iwwert den 30 km laangen *Afsluitdijk* gefuer, deen d'Provënze Friesland an Noord-Holland verbënnt. Zu **Enkhuizen** hu mir mam Schëff den *Zuiderzee-Museum* ugefuer. Dëse Musée weist, wéi d'Mënsche fréier un der *Zuiderzee* gelieft hunn. Nom Mëttegiessen ass et weidergaang iwwert de *Markerwaarddijk* an d'Provënz **Luttelgeest**, wou mir de 25.000 m² grousse Tropesche Gaart *De Orchideeën Hoeve* mat senger Onmass u Planzen, Tropevigel a Kaarpen besicht hunn.

De véierten a leschten Dag si mir op **Tijnje** gefuer fir do d'*Kaasboerderij „De Deelen"* ze besichtegen.






Nom Mëttegiessen ass et dunn no enger wonnerschéiner Rees iwwert d'Belsch zréck Richtung Feelen gaang.

E grousse Merci geet un déi 30 Leit, déi op der Rees dobäi waren, un hir Pénktlechkeet an Disziplin. Dat mécht d'Organiséieren an d'Reese flott.

**Op dëser Plaz invitéiere mir Iech dann och schonn häerzlech op déi nächst Rees vun der Feelener Kulturkommissioun, déi vum 26. bis den 29. Oktober 2024 an d'Champagne geet.**

Mir wiere frou, e puer schéiner Deeg mat Iech zesumme kënnen ze verbréngen.

Originaltext: Fons Schmitz
Fotoen: Gary Hess a Fons Schmitz






MAX: 175 PASSAGIERS
VAARROUTES
CAT









# Voyage culturel chez les Frisons

## Du 27 au 30 octobre 2023

Texte original : Fons Schmitz
Photos : Gary Hess et Fons Schmitz

Le 27 octobre, Chris, notre chauffeur, nous attendait vers 6 heures à l'école primaire de Niederfeulen pour nous conduire à **Deventer**, l'une des plus anciennes villes des Pays-Bas, en passant par l'Eifel et la région de la Ruhr.

Après une agréable promenade et un déjeuner au centre historique de la ville, nous avons poursuivi notre route vers **Leeuwarden**, *Capitale européenne de la Culture* en 2018.

Le deuxième jour, nous nous sommes rendus à **Noardburgum**, où nous avons visité l'entreprise familiale traditionnelle, la *Scherjon's Klompenmakerij*. Outre la visite de l'atelier, nous avons pu découvrir au musée l'évolution des sabots d'hier à aujourd'hui.

**Dokkum**, la ville la plus au nord des Pays-Bas, était la prochaine étape de notre voyage. Dokkum est un lieu de pélerinage d'où le moine bénédictin Bonifatius, accompagné de l'archevêque missionnaire Willibrord, a évangélisé la Frise vers 716.

Après le déjeuner et une promenade à travers Dokkum, nous sommes retournés à **Leeuwarden**. Nous y avons visité le centre médiéval romantique, la ceinture de canaux, le fameux *Grachtengürtel* en forme d'étoile et la tour *Oldehove*, surnommée la « tour de Pise en Hollande ».

Le troisième jour, nous avons traversé en bus la digue *Afsluitdijk*, longue de 30 km, qui relie les provinces de la Frise et de l'Hollande-Septentrionale. À **Enkhuizen**, nous avons pris le bateau pour nous rendre au musée du *Zuiderzee*. Ce musée évoque la vie d'antan des gens habitant aux bords du *Zuiderzee*. Après le déjeuner, nous avons poursuivi notre route via la digue *Markerwaarddijk* jusqu'en province de **Luttelgeest**, où nous avons visité le jardin tropical *De Orchideeën Hoeve*, d'une superficie de 25.000 $m^2$, avec sa multitude de plantes, d'oiseaux tropicaux et de carpes.

Le quatrième et dernier jour, nous nous sommes rendus à **Tijnje** pour visiter la fromagerie *« De Deelen »*. Après le déjeuner, nous avons pris le chemin de retour vers Feulen en passant par la Belgique.

Un grand merci aux trente participants et participantes pour leur ponctualité et leur discipline. C'était un plaisir d'organiser ce voyage avec eux et de le vivre aveceux.

**Nous profitons de l'occasion pour vous inviter au prochain voyage de la commission culturelle de Feulen, qui va nous mener du 26 au 29 octobre 2024 en Champagne.**

Au plaisir de voir !



# Stëftung Hëllef Doheem

## „Mënschlech a kompetent“

Mit unserem häuslichen Pflegedienst in Diekirch, durch den wir bereits seit über 20 Jahren den Einwohnern und Einwohnerinnen unsere Dienste anbieten, können wir auf eine lange und enge Zusammenarbeit mit der Gemeinde Feulen zurückblicken.

Unser Hauptanliegen ist es, dass Sie so lange wie möglich in Ihrer gewohnten häuslichen Umgebung leben können.

Um Sie in ihrem Alltag bestmöglich zu unterstützen, bieten wir verschiedene Hilfen und Pflegeleistungen an:

- Unterstützung bei der Körperpflege und beim Essen;
- Durchführung ärztlicher Verordnungen wie z.B. Verbände und Spritzen;
- Unterstützung im Haushalt wie z.B. Putzen, Einkäufe erledigen, Wäschedienst;
- Sicherheit im häuslichen Umfeld durch unseren Telealarm;
- Begleitung z.B. beim Einkaufen oder bei Arztbesuchen;
- Individuelle Betreuung bei Ihnen zu Hause. Die unterschiedlichen Leistungen werden im Rahmen der Pflegeversicherung, der Gesundheitskasse und/oder in Eigenbeteiligung angeboten.

Um Ihre konkrete Anfrage zu den benötigten Pflege- und Hilfsleistungen zu erfahren, können Sie uns gerne von montags bis freitags zwischen 8 und 17 Uhr in unserem Pflegezentrum in Diekirch unter der **Telefonnummer 402080-5000** anrufen.

Auch außerhalb der Bürozeiten sind wir für Sie unter der Telefonnummer 402080-5000 erreichbar. Ihr Anliegen wird dann von *Sécher Doheem* entgegengenommen und an unser Pflegezentrum weitergeleitet. Wir werden uns danach schnellstmöglich bei Ihnen melden.

Wir freuen uns auf Sie!

Die Stëftung *Hëllef Doheem* ist seit 1999 ein verlässlicher Partner an ihrer Seite.

**#aguddenhänn**

# La fondation Hëllef Doheem

Notre service d’aides et de soins à domicile à Diekirch offre ses services aux habitants depuis plus de 20 ans ; ainsi nous pouvons nous prévaloir d‘une longue et étroite collaboration avec la commune de Feulen.

Notre objectif principal est de vous permettre de vivre le plus longtemps possible chez vous, dans votre environnement habituel.

Afin de vous soutenir au mieux au quotidien, nous vous proposons les aides et les soins les plus divers :

- Assistance pour les soins corporels et les repas ;
- Exécution de prescriptions médicales telles que pansements et injections ;
- Soutien dans des tâches ménagères telles que le nettoyage, les courses, la lessive ;
- Sécurité dans l’environnement domestique grâce à notre téléalarme ;
- Accompagnement, par exemple, lors des courses ou des visites chez un médecin ;
- Encadrement individuel à votre domicile.

Les différentes prestations sont proposées dans le cadre de l’assurance dépendance, de la prise en charge par la caisse de santé et/ou via un cofinancement propre.

Pour discuter de votre demande concrète concernant les soins et l’aide dont vous avez besoin, n’hésitez pas à nous contacter dans notre centre de soins à Diekirch au **numéro de téléphone 402080-5000**, du lundi au vendredi, de 8 à 17 heures.

Vous pouvez également nous joindre en dehors des heures de bureau au numéro de téléphone 402080-5000. Votre demande sera alors prise en charge par *Sécher Doheem* et transmise à notre centre de soins. Nous vous recontacterons ensuite dans les plus brefs délais.

Nous nous réjouissons de vous accueillir ! *Hëllef Doheem* est un partenaire fiable à vos côtés depuis 1999.

**#aguddenhänn**

# Scheckiwwerreechung fir SOS Kannerduerf

**Kulturkommissioun**

12. Januar 2024

# Remise de chèque à « SOS Kannerduerf »

**Commission de la culture**

12 janvier 2024



# Mir gratuléieren …

Nëmmen dat Bescht!

# Nos félicitations …

Avec tous nos vœux de bonheur et de prospérité !



… der Madamm
Apollonia Trampert
fir hir 90 Joer!

*… à Madame*
*Apollonia Trampert*
*pour ses 90 ans !*



… der Madamm
Elise Schank-Karels
fir hir 90 Joer!

*… à Madame*
*Elise Schank-Karels*
*pour ses 90 ans !*



… dem Här an der Madamm
Bache-Marnach fir hir 50 Joer
Bestietnis!

*… à Monsieur et Madame*
*Bache-Marnach pour leur 50e*
*anniversaire de mariage !*

# Fairtrade

www.fairtradegemeng.lu / Summer 2024

## EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL




**Tous unis pour faire progresser le commerce équitable ! Groupes d'action locaux Fairtrade, chargés au commerce équitable et politiques ont échangé leurs idées et expériences lors du 4e forum Fairtrade Gemeng en juin**

## L'IMPACT COLLECTIF DES COMMUNES

Une Fairtrade Gemeng est une commune avec un engagement collectif pour un monde plus équitable, qui sensibilise autour du commerce équitable et où le choix se porte sur les produits Fairtrade lorsque l'occasion se présente.

**Dans une Fairtrade Gemeng, chacun peut contribuer à disséminer le commerce équitable dans toutes les sphères de la vie quotidienne ! C'est un projet participatif et solidaire.**

## THE FUTUR IS FAIR TOUS SOLIDAIRES

En avril 2000, les habitants de Garstang faisaient de leur petit bourg la toute première Fairtrade Gemeng au monde. Un bel exemple de mouvement citoyen local, aujourd'hui devenu mondial.




## DE GARSTANG AU FORUM DES FAIRTRADE GEMENG

Dans une petite localité du Lancashire, à Garstang, un groupe de personnes magnifiquement motivées, ensemble avec la population et les élus, allait révolutionner l'engagement pour le commerce équitable au niveau communal en concevant les 5 critères internationaux des Fairtrade Towns. Un quart de siècle plus tard, il existe plus de 2200 Fairtrade Towns dans près de 40 pays au monde.

En juin, les acteurs Fairtrade Gemeng du Luxembourg se sont réunis pour échanger leurs bonnes pratiques. Objectif : impacter au mieux la vie des producteurs et travailleurs lointains en Afrique, Asie, Amérique latine et aux Caraïbes qui pourtant font partie de notre quotidien à travers leurs produits que nous consommons.



# My Feulen

*Nei*
*Nouveau*

*MyFeulen*

Zu Feelen gëtt et vill ze gesinn an z'entdecken! Jiddwereen lieft an erlieft Feelen op seng Manéier. Dofir gëtt et vun elo un an all *Louschlëssel* eng Plaz fir Är léifste Plazen. ***MyFeulen***, dat ass e flott, faarwegt a liewegt Bild vun der Gemeng!

Wëllt och Dir de *Louschlëssel* mat Äre Fotoe verschéineren? Da schéckt eis Är Foto oder Är Fotoe mat Ärem Numm op d'Adress **louschlëssel@feulen.lu**, Stéchwuert "MyFeulen". Wann Dir eis Fotoe mat Persounen drop schéckt, denkt drun, fir am Virfeld hiren Accord ze froen. Merci!

***Feelen – eis Gemeng!***







***MyFeulen***

Il y a beaucoup à voir et à découvrir dans notre commune. Chacun d'entre nous vit Feulen à sa façon. C'est pourquoi il y aura désormais dans chaque édition du *Louschlëssel* une place pour vos endroits préférés. ***MyFeulen***, ce sera une image colorée et vivante de la commune !

Vous aimeriez embellir le *Louschlëssel* avec vos photos ? Alors, envoyez-nous vos photos ensemble avec votre nom à l'adresse mail **louschlëssel@feulen.lu**, en indiquant le mot clé « MyFeulen ».

Si vous prenez des personnes en photo, n'oubliez pas de leur demander leur accord avant de nous envoyer les images. Merci !

***Feulen – notre commune !***








1011
1010



# LOUSCHLËSSEL 26

## Impressum

### Redaktiounskommissioun vum Louschlëssel:


Bernard Laurence

Hansen Véronique

Huberty Pascal

Kohn Tessy

Oestreicher Ron

Pandin Sabrina

Ries Vanessa

Schank Flore

Email: louschlessel@feulen.lu

Druckprodukt CO2e-bilanziert & ausgeglichen

natureOffice.com/LU-319-NKSCVJQ

FSC www.fsc.org RECYCLED Papier aus Recyclingmaterial FSC® C103749

IC PRINTED IN LUXEMBOURG

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD Ma commune s'engage pour le climat

**Editeur:** Gemeng Feelen

**Layout:** Redaktiounskommissioun “Louschlëssel”

De *Louschlëssel* gëtt op recycléiertem Pabeier gedréckt.
Le *Louschlëssel* est imprimé sur du papier recyclé.

**Drock:** Imprimerie Centrale sa

E grousse Merci un all déi vun Iech, déi eis hir Texter a Fotoen erageschéckt hunn.

Un grand merci à tous et à toutes pour l’envoi de textes et de photographies.

**Quellenangaben:**
D‘Fotoen an d’Texter an dësem *Louschlëssel* si vu verschiddenen Auteuren. Mir soen de Membere vun de Veräiner, de Kommissiounen an all aneren Auteuren vun den Artikelen heifir Merci. Op dëser Plaz och e grousse Merci un de Charel Reiser, deen de *Louschlëssel* ëmmer erëm mat senge Bäiträg a Fotoe beräichert.

Dëse *Louschlëssel* ass déi 1. Ausgab fir d‘Joer 2024 an déi 26. Ausgab insgesamt.

**Sources:**
Les photos et textes de ce *Louschlëssel* sont de différents auteurs. Nous tenons à exprimer notre reconnaissance aux membres des associations, aux commissions et tous les autres auteurs des articles. Nous tenons aussi à remercier Charel Reiser, qui a enrichi le *Louschlëssel* de ses contributions et de ses photos.

Le *Louschlëssel* est la première édition de l’année 2024 et la 26e édition au total.


**Redaktiounsschluss fir déi nächst Editioun: 15. Oktober 2024**

**Délai de rédaction pour la prochaine édition : 15 octobre 2024.**